# Conseil communal

## Séance publique du 24 avril 2006

***Durée de la séance:*** *14.30 à 17.00 heures*

| **Présents:** | |
|---|---|
| Camille Bosseler, conseiller (CSV)<br>Roland Breyer, échevin (CSV)<br>Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)<br>Carlo Gira, conseiller (CSV)<br>Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)<br>John Polfer, conseiller (CSV)<br>Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)<br><br>Gilbert Welter, échevin (DP) | Guy Brecht, conseiller (LSAP)<br>Victor Filaferro, conseiller (LSAP)<br>Lily Gansen, conseiller (LSAP)<br>Roger Klein, conseiller (LSAP)<br>Jeannot Linden, conseiller (LSAP)<br>Norbert Pierre, conseiller (LSAP)<br><br>Romain Becker, conseiller (Déi Gréng) |
| **Absents et excusés:** | |
| / | Lily Gansen, conseiller (LSAP)<br>Norbert Pierre, conseiller (LSAP) |

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): adhésion de la ville de Differdange - décision.
   - 2.2. Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature: adoption des nouveaux statuts - décision.
   - 2.3. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
3. Propriétés
   - 3.1. Reprise, de la société Baticonsult s.à r.l. de Luxembourg, des infrastructures, voies et espaces publiques du lotissement « Ronnwiss » sis à Rodange, rue Nic. Biever - décision de principe.
   - 3.2. Reprise, de la société In der Ronnwiss s.à r.l. d'Esch-sur-Alzette, des infrastructures, voies et espaces publiques du lotissement « Ronnwiss » sis à Lamadelaine, avenue de la Gare - décision de principe.
   - 3.3. Convention, avec VOXmobile s.a. de Bertrange, pour la mise à la disposition d'un local dans le bâtiment administratif à Pétange, place du Marché - approbation.
4. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons à l'occasion des braderies en 2006 - décision.
5. Personnel
   - 5.1. Promotion de M. Marco Beil aux fonctions d'ingénieur technicien inspecteur principal premier en rang - décision.
   - 5.2. Nomination définitive de Mme Pia Hansel aux fonctions de rédacteur - décision.
   - 5.3. Nomination définitive de M. Thierry Balance aux fonctions de rédacteur - décision.
6. Enseignement
   - 6.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 6.2. Extension de l'école « Am Päsch » à Rodange : aménagements extérieurs, plan modifié - approbation.
   - 6.3. Colonies scolaires: octroi d'un subside (solde 2006) à l'a.s.b.l. « Classes de Neige de la Commune de Pétange » - décision.
7. Prévisions sociales
   - 7.1. Engagement de deux apprentis (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation - renouvellement d'une décision.
   - 7.2. Emploi: engagement de quatre élèves ou étudiants (m/f) supplémentaires pendant les vacances d'été de l'année 2006 pour la piscine de Rodange (PIKO) - décision de principe.
   - 7.3. Centre de rencontre et d'information pour jeunes « Péitenger Jugendhaus »: convention pour l'exercice 2006 - approbation.
   - 7.4. Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées « Club Senior Prënzebierg » a.s.b.l. pour l'exercice 2006 - approbation.

8. Urbanisation
   8.1. Réaménagement de la place de la Libération à Pétange - approbation du projet détaillé (devis et plan).
   8.2. Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, place de la Libération 7, lieu-dit « In den Azingen », présenté par la société Luxpromotion 1 de Bereldange, pour la construction d'un « hôtel service seniors » comprenant 51 logements, restaurants et salles de réunions : approbation de la convention conclue avec le promoteur - approbation provisoire du projet.
   8.3. Projet d'aménagement particulier pour l'implantation d'une zone d'activités économiques au lieu-dit « Au Grand-Bis » à Rodange - approbation définitive.
   8.4. Projet de modification partielle de la partie graphique du plan d'aménagement général concernant le reclassement en « terrain réservé » des sites du Centre Intégré pour Personnes Âgées (CIPA) et de l'école de musique à Pétange - approbation provisoire.
9. Sports et loisirs: piscine de Rodange - convention de dépôt et d'approvisionnement de distributeurs automatiques de boissons et de snacks avec la société Dianalux de Howald - approbation.
10. Transports et communications: règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
11. Vie associative
    11.1. « Taijiquan Club de la Commune de Pétange » - statuts.
    11.2. « Association du Chien de Compagnie Luxembourg » - dissolution.
12. Questions des conseillers communaux.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech begréissen Eech zur 4. Gemengerotssëtzung an dësem Joer. Mer hu se haut de Mëtteg gemaach, well mer de Moien aner Verflichtungen haten. Mer géifen direkt mat 3 Kommunikatiounen ufänken, déi mer Eech wollte ginn.

D'Madame Gansen an den Här Pierre sinn entschëllegt, si hate sech schonn déi leschte Kéier entschëllegt, datt se haut net kéinten derbäi sinn.

Da géife mer zu deenen eigentleche Kommunikatioune kommen. D'Madame Astrid Pierron épouse Barthel huet eis an engem Courrier am Mäerz matgedeelt, datt se um Enn vum Schouljoer géif ophalen ze ënner-riichten. Si ass scho ganz laang bei eis an huet de berechtegten Alter fir an d'Pensioun ze goen. Dofir géife mer hir och am Numm vum Schäffen- a Gemengerot Merci soe fir déi laang Déngschtjoeren, déi se an eiser Musekschoul war. Si ass effektiv den 23. Oktober 1989 als Ersatzpersoun an eis Musekschoul komm, an zwar an d'Gesangsklass. Si huet och en éischte Präis am „Chant individuel" am „Conservatoire royal de Liège" kritt an hat en „Diplôme supérieur pour le chant et médaille en vermeille du gouvernement belge". Den 1. Novem-ber 1989 ass si definitiv an eisen Service komm. Bis den Hierscht 2006 wieren dat da 17 Joer, an deene si fir eis Musekschoul geschafft huet.

Bei der zweeter Informatioun sinn och scho wahrscheinlech eng ganz Rei Leit vun Eech informéiert gewiescht duerch aner Verflichtungen, déi se hunn, oder duerch aner Kapen, déi se op hunn. Mer hu jo wëlles vun dësem Joer un eisen Nationalfeierdag an eise Commémoratiounsdag aneschters ze feieren an den 3 Sektiounen. Mer waren der Meenung, datt et wichteg wier, déi Fester eemol an all Sektioun ze feieren fir deem ganzen e bësse méi „ampleur" ze ginn. An deem Sënn hu mer och schonn eng Rei Gespréicher gefouert mat den Ententen, mat den Haapt-organisatore vun deenen Deeg. Ech nennen do de Syndicat d'initiative mee och den „Ordre de la chevalerie", deen och den 9. September eng Roll matspillt, d'„Borne du passeur", eis Museksgesellschaften, eis Ententen, eis Gesangveräiner, eise Pompjeescorps an eis Paschtéier, déi an der Organisatioun eng wichteg Roll gespillt hunn. Mer sinn eis eens ginn, datt all Uertschaft eng Feier behält, déi Traditioun huet, dat ass d'Bärbelefeier den 3. oder 4. Dezember zu Rolleng an zu Rodange. D'Liberatiounsfeier mat der Inthronisatioun vum „Ordre de la chevalerie" den 9. September zu Péiteng. Dat géif ëmmer an deene Sektioune bestoe bleiwen. Wat den Te Deum, den Nationalfeierdag, de Commémoratiounsdag ubelaangt, do géife mer e Roulement maachen an deenen eenzelne Sektioune vun der Gemeng. Hei géife mer der Gréisst no ufänken. Mer géifen dëst Joer den Nationalfeierdag zu Péiteng organiséieren, de Commémoratiouns-dag zu Rodange, 2007 géife mer dann zu Rolleng den Nationalfeierdag organiséieren an da géife mer nees mat Péiteng ufänke fir de Commémora-tiounsdag. 2008 wier den Nationalfeier-dag zu Rodange, esou datt all 3 Joer all Sektioun eng Kéier den Nationalfeier-dag an de Commémoratiounsdag hätt. Mer hoffen, datt all Veräiner aus der Gemeng och an déi aner Sektioune ginn, d.h. datt mer dann en anere Cortège kréien, datt mer en anert Bild kréie fir Nationalfeierdag an datt mer all zesumme feieren. Et ass fir eis eng wichteg Saach, datt mer all d'Veräiner an all d'Bierger aus der Gemeng op enger Feier hunn. D'Gespréicher mat der Entente an och mat deenen eenzelne Veräiner léisst eis hoffen, datt dat och antrëtt an datt jidderee bereet ass, an deenen anere Sektioune matzemaachen.

An anere Gemengen ass dat scho joerelaang de Fall. Ech nennen do just Suessem, wou dat scho laang ënner däer Form leeft. An de leschte Wochen hu mer laang Gespréicher gefouert mat allen, déi et betraff huet, an ech géif mengen, datt mer do e Konsens fonnt hunn. Mer géifen dat dëst Joer emol probéieren a wa mer dat emol 3 Joer hannert eis hunn, da kënnte mer deen éischte Bilan zéien a kucken, ob dat deene ganze Feierlechkeete méi e groussen Eclat gëtt ewéi dat fréier de Fall war.

Mer si vun eisen technesche Servicer an och vu baussen drop opmierksam gemaach ginn, datt de Balkon an der Péitenger Schwämm scho jorelaang an engem schlechten Zoustand ass. Dat ass gewosst a mer hunn entscheed, datt et elo net méi erlaabt ass fir ënner deem Balkon ze parken. An enger

zweeter Phas hu mer eis dofir entscheed, déi Balkonen ewech ze rappe fir déi Geforenzon do ze eliminéieren. Mer haten do e puer Firmen ugeschwat fir ze froen, wat dat géing kaschten. Mer hunn elo den Optrag un eng Firma ginn, déi eis dat fir 12 190 Euro mécht. Dat gëtt iwwer den ordinäre Budget ofgebucht. Mat deem Geschéck kréie mer nees déi Parkplazen ënnendrënner fräi an déi Situatioun regulariséiert. Déi Aarbechte sollen an nächster Zäit ufänken, mee mer wollten Eech awer an d'Bild setze wat do soll geschéien. Et wier net gutt wann der eréischt informéiert géift gi wann d'Aarbechte schonn amgaang wieren. De Gemengerot huet jo e Recht drop, gewuer ze ginn, wat fir Schwieregkeete mer do haten.

Dat waren déi 3 Kommunikatiounen, déi mär wollte maachen.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Et ass jo och esou, datt elo muss gekuckt ginn, ob mer déi Form vu Cortège bäibehalen, ob de Parcours d'selwecht bleift. Dat sinn Detailer, déi mer nach musse kucken. Et kéint jo sinn, datt mer do aner Iwwerleeunge miissten uféieren. Dofir solle mer de 4. oder 5. déi praktesch Ausféierungen dovunner diskutéieren an da gëtt et och direkt ëffentlech gemaach.

## 2.1.

### Administration générale.

**Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (Sicona): adhésion de la ville de Differdange – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Do huet d'Stad Déifferdang eng Demande gemaach fir an dee Syndikat eranzekommen. Et ass Usus, datt all déi aner Gemengen och averstane sinn domat, soss gëtt se net opgeholl. Dofir musse mer hei eng Délibératioun huelen am Gemengerot, wou mer eis dofir oder dogéint ausschwätzen, datt Déifferdang erakënnt.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

**Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (Sicona): adoption des nouveaux statuts – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt mer nach eng Kéier iwwer déi nei Statute mussen ofstëmmen. Firwat? Ma mer haten hei am Gemengerot den 2. Februar 2004 eng Entscheedung getraff fir de Projet vun de Statute vum Sicona Ouest unzehuelen. Déi Statute goufe vun alle Gemengeréit ugeholl, mee et ass elo esou, datt de Conseil d'Etat den 28. September 2004 en negativen Avis op verschiddenen Dispositioune vu bestëmmten Artikele ginn huet aus dëse Statuten. D'Iwwerleeunge fannt der an dem Aide-mémoire. Dofir musse mer elo iwwer déi nei Statuten, an deenen de Bemierkunge vum Conseil d'Etat Rechnung gedroe gouf, nach eng Kéier ofstëmmen. Ervirzehiewen ass, datt den 22. Mäerz 2005 och schonn de Komitee vum Sicona e positiven Avis ginn huet fir dës nei Statuten. A wann dës Statute gestëmmt sinn, da mengen ech, hätte mer definitiv nei Statute beim Syndikat Sicona.

**Accord à l'unanimité.**

## 2.3.

### Administration générale.

**Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

An dem Aide-mémoire hutt der alleguer d'„Titres de recettes", de Rescht vum Joer 2005, awer och vum Joer 2006 opgelëscht. Dat gëtt en Total vu 4.022.979,02 Euro. Ervirzehiewen ass, datt déi Deeler, déi de Stat am Préscolaire an am Primärunterrecht bezuelt, fir d'Joer 2004 an 2005 komm sinn. Ervirzehiewen ass och, datt d'Participatioun vum Stat un eiser Musekschoul och ukomm ass. Och de Solde vun der Gewerbesteier iwwer 1.403.651,69 Euro ass komm, wat dann am Total e Minus gëtt vun 148.525,19 Euro par rapport zum rektifizéierte Budget 2005. Also och do hu mer manner krut wéi dat, wat mer am rektifizéierte Budget virgesinn haten.

Am Joer 2006 ënnersträichen ech just den éischte Punkt, an zwar de Subsid fir „la rénovation et la transformation de la piscine en plein air à Rodange". Dat sinn 166.455,84 Euro. Dat ass nach en Deel vun de Feder-Suen, déi mer am Kader vun der Rodanger Schwämm kréien.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Kuerz eng Fro. Ech hunn hei gelies „facturation interne PiKo", wat ass domatter gemengt?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat huet mat eiser TVA-Verrechnung ze doen. Mer mussen eis fir déi Partie, wou mer aktiv an der Schwämm sinn, d.h. wann d'Schoulen do sinn, eng intern Rechnung ausstellen. Well op deem Deel musse mer och d'TVA verrechnen. Dat hei ass dat, wat mer eis selwer a Rechnung stelle wann d'Schoule schwamme ginn. Et ass eng finanztechnesch Saach. Et ass ganz einfach eng TVA-Geschicht.

Mer konnte jo och op dem ganze Projet vun der Rodanger Schwämm d'TVA vu 15% guttschreiwen. Well mer op den Entréeën TVA rechne mussen, musse mer eis och selwer d'TVA verrechnen op deem Deel, dee mer fir „besoins personnels" benotzen.

**Camille Bosseler (CSV):**

Beim „Remboursement par la caisse de maladie des indemnités pécuniaires de maladie". Déi 80.313,03 Euro, huelen déi net eng Kéier of? Well dobaussen hu vill Leit bal Angscht krank ze ginn op hirer Aarbechtsplaz. A mat hirer Kränkt kommen se op d'Aarbecht. Ech fannen et horrent, datt all Trimester esou eng Zomm muss bezuelt ginn. An dat bei all eise Chargen. Ech sinn zwar keen Dokter, mee ech fannen, datt dat eng Krankheet ass, déi net ofhëlt.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Et muss een et och emol anescht gesinn. Wa mer vun 80.313 Euro schwätzen, dann entsprécht dat dem Verdéngscht vun 3 Leit. Mer hunn awer och gekuckt, wat fir en Effektiv mer hunn. Do sinn 130 Aarbechter, esou vill Botzfraen, asw. A wann een dann de Prozentsaz kuckt, dann ass dat net esou vill. An et sinn der jo och derbäi, déi wierklech vill krank sinn, déi eng schlecht Gesondheet hunn.

Wat Är Fro vum Absentéismus ugeet, esou ass déi awer ganz minim, well mer hate scho ganz aner Zommen do stoen. Fir e Wantermount ass et e relativ klenge Chiffer, well geweinlech hu mer 140.000 Euro do stoen. Mee et ass net ze évitéieren. Op der aner Manéier kréie mer jo d'Suen och erëm.

**Approbation à l'unanimité.**

## 3.1.

### Propriétés.

**Reprise, de la société Baticonsult Sàrl de Luxembourg, des infrastructures, voies et espaces publiques du lotissement «Ronnwiss» sis à Lamadelaine, avenue de la Gare – décision de principe.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Am Kader vun engem P.A.P. hate mer eng Konventioun ënnerschriwwe mat

verschiddene Promoteuren. Mer hunn doranner festgehalen, datt 25% vun der „surface de lotissement“ miissten un d'Gemeng ofgetruede ginn. Dat sinn haaptsächlech Stroossen an Trëttoiren. Beim Punkt 3.1. ass dat Baticonsult Sàrl vu Lëtzebuerg, déi eis déi 25% vum Lotissement „Ronnwiss“ oftrieden. Wat driwwer geet, dat sinn am Fong 6.000 Euro – de Präis pro Ar ass 4.000 Euro. Dat heescht, et sinn 1,5 Ar, déi mer do mussen zeréckkafen. Et sinn also net 25%, déi mer do kréien, mee liicht méi.

Mer haten och eng Oplag an dem Kader vun deem Projet gemaach fir den ekologesche Wäert vun dësem Lotissement ze garantéieren. D'Erhale vun den 23 Beem gouf ofgeséchert an dat hu mer och festgehale mat der Aschränkung, datt, wann iergendwéi een oder deen aner Bam duerch gewëssen Ëmstänn géif verschwannen, da géif de Promoteur sech engagéieren, fir deen op enger aner Plaz ze ersetzen. Fir de Moment ass d'Garantie ginn, datt déi 23 Beem, déi och um Plang agedroe sinn, och do si wann d'Lotissement fäerdeg ass.

Et géif elo drëm goen, dee Compromis mat Baticonsult ze ënnerschreiwen a fir guttzeheeschen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech wollt just op e klenge Feeler hiweisen. Säit 29, do steet „... dont le crédit prévu au budget de 2006 sera particulièrement reporté à l'exercice 2006“, dat misst dach 2005 sinn.

Mat deenen anere Saache sinn ech averstanen. Ech hunn och nach eng aner Fro, déi awer net direkt déi 2 Punkten hei ugeet. Mer hunn och nach 2 Citéen, déi mer nach guer net ofgeholl hunn. Eng Kéier „op Gehren“ an d'Cité „Croix St-Pierre“. Well ech war och hei kucken, an hei ass och den Tapis nach net gemaach. Laut Konventioun gëtt dee jo nach gemaach. Mee ech hunn awer nogesicht, „op Gehren“ ass jo awer komplett verbaut, mee mer hu se nach net ofgeholl. Besteet déi Sociétéit iwwerhaapt nach? Mer miissten eis jo an däer Saach emol bewegen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat de Lotissement „op Gehren“ ugeet, do weess ech, datt zënter enger gewësser Zäit Verhandlunge lafe well do e puer Problemer waren, déi hu misse regulariséiert ginn. Et ass och nach ëmmer ee Problem, deen opsteet. Déi Reprise, déi ass an Aarbecht an de Lotisseur huet am Fong geholl den Optrag fir duerno ze kucken. Mär musse sécherlech eng Kéier an de Gemengerot komme fir z'entscheeden, ob mer et ënner däer Form, wéi et do steet, ofhuelen, oder ob mer op deem Punkt bestinn, deen awer eng grouss Konsequenz huet fir de ganze Lotissement. Soss wier et schonn hei. Mer hunn him och schonn e puer Mol geschriwwen, datt en alles misst regulariséieren. Et schéngt mer awer esou ze sinn, datt et wahrscheinlech op engem Punkt schwéier gëtt, dat ze regulariséieren. Esou, datt mer hei am Gemengerot musse Positioun bezéien. Mee mer wäerten dat geschwënn hei op der Dagesuerdnung vum Gemengerot hunn.

Wat deen aneren Dossier ugeet, do weess ech och, datt eng ganz Rei Saachen nach hu misse regulariséiert ginn. Et sinn awer schonn eng ganz Rei Saachen iwwerholl ginn. E ganze Koup Saache goufen och regulariséiert. Mee dësen Dossier ass natierlech net esou al wéi dee virdrun. Mee mer hunn eis och als Zil gesat fir déi Dossieren esou séier wéi méiglech ofzeschléissen. Dat hu mer och dem techneschen Service gesot.

An da kommen och natierlech d'Reprisen. Hei ass jo am Fong just fir déi Terrainen z'iwwerhuelen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dat ass an der Rei. Ech wollt och just drop hiweisen, datt déi zwee Lotissementer schonn do stinn. Et si jo och scho Leit geplënnert a mer hunn e jo och Nimm ginn, mee mer hu se nach ëmmer net ofgeholl.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mär wäerten op alle Fall do um Ball bleiwen, well et ass eis och wichteg fir déi Saachen do vum Dësch ze kréien. Et huet kee Wäert fir déi Saach do jorelaang virun ze schleefe well een domat net vill geschafft huet. Et muss een einfach eng Kéier eng Positioun ergräifen an dann e Schlussstréch drënner zéien.

**Camille Bosseler (CSV):**

Ech hunn eng Fro zum Lotissement „Ronnwiss“, wat an d'Avenue de la Gare erageet. Ech hat schonn eng Kéier gesot, datt se do keng Kellere solle maache well dat ënner d'Bett vun der Maragole géif goen an et da geféierlech kéint ginn. Ech huele jo un, datt dat och kënnt, net datt mer do eng Kéier Problemer kréien. Mee dat war awer direkt gesot ginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wann et net an der Konventioun stoung, da kënnt et och net méi dra stoe well se scho laang ënnerschriwwen hunn an et duerch de Gemengerot gaangen ass. Mee wann et gesot gouf, da steet et och wahrscheinlech dran.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

**Propriétés.**

**Reprise de la société «In der Ronnwiss Sàrl» d'Esch-sur-Alzette, des infrastructures, voies et espaces publiques du lotissement «Ronnwiss» sis à Lamadelaine, avenue de la Gare – décision de principe.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Hei ass dann elo dee Punkt, dee mer just virdrun ugeschwat hunn a wou mer och 25% ofgetruede kréien. Dat sinn och haaptsächlech Stroossen an Trëttoiren, déi mer do kréien. Hei ass am Fong keng Partie, déi mer mussen ofkafen. Hei leie mer an de Limite vu 25%, esou datt mer déi gratis kréien. Do läit och e Compromis vir, wou mer mat dem Promoteur ënnerschriwwen hunn a deen elo hei gestëmmt soll ginn. Duerno gëtt jo och nach den Acte guttgeheescht fir datt déi Deeler do an de Patrimoine vun der Gemeng Péiteng erakommen.

Wat d'Fro vum Här Bosseler ugeet, do weess ech elo net ob dat an der Konventioun steet. Mer mussen dat nokucken ob mer dat deemools am Gemengerot an der Konventioun haten.

**Accord à l'unanimité.**

## 3.3.

**Propriétés.**

**Convention avec VOXmobile SA de Bertrange, pour la mise à la disposition d'un local dans le bâtiment administratif à Pétange, place du Marché - approbation.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Dir Hären, d'Firma VOXmobile ass un eis erugetratt well se ongeféier 100 Quadratmeter bräichte fir hir Statioun opzeriichten. Mer sinn eis eens ginn esou, datt mer hinnen am „Bâtiment administratif“ um leschte Stack géifen e Lokal zur Verfügung stellen. Do kéinten se hir Antennen an och hir „partie technique“ an hir „partie antenne“ opriichten. De Loyer all Joer beleeft sech op 3.000 Euro. Et geet haut haaptsächlech dorëm fir dee „contrat de bail“ guttzeheeschen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech hu mer hei de „plan sectoriel“ erausgekroopt mat all deenen Antennen, déi mer elo an der Gemeng stoen hunn. Do fält mer op, datt mer op

der Post – wat jo net wäit ewech ass – eng Antenn vu LuxGSM hunn. Op eisem „Centre d'intervention“ hu mer eng vun Tango an eng vu VOXmobile. Dat ass dat, wat Péiteng betrëfft. Déi aner komme jo fir dat hei net a Fro. Et si jo sécher Analysen an Étudë gemaach ginn am Virfeld ier mer de Kontrakt mat deenen ënnerschreiwen. An zwar ob dat schiedlech ass an och wéi schiedlech dat ass fir déi Leit, déi am Haus schaffe respektiv fir déi Leit, déi tëscht der Post an deem Gebai do wunnen. Dat gëtt eng enorm Bestrahlung well jo schonn eng Antenn op der Post steet an elo kréie mer déi heiten op der Maartplaz nach dobäi.

Des Weideren ass et jo esou, datt sech do nach grouss Geeschter gedeelter Meenung sinn, wéi gesondheetsschiedleg datt dat Ganzt ass, an och datt Strahlungsantennen net esou gesondheetsschiedleg solle si well se méi wäit ewech strahlen. Ech hunn hei eng Étude, wou dann de Géigendeel bewise gëtt. Strahlungsantennen op Gebaier sinn enorm schiedlech fir Leit, déi an deem Gebai schaffen oder wunnen. An dat ka vu Schlofstéierungen iwwer epileptesch Ufäll bis hin zu Kriibs goen. Ech fannen et net immens, datt mer an engem Ballungszentrum – wat den Zentrum vu Péiteng nun emol ass – zwou Antennen hunn. Souwisou stellen déi zwee Providere jo eng ganz Batterie vun Antennen op den Daach. An op däer aner Säit hu mer déi vu LuxGSM, déi net wäit ewech ass. Also ech géif et léiwer gesi wa mer déi Antenn net géifen an den Zentrum stellen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et ass eng Saach dozou ze soen. Hei gi mär eng Méiglechkeet fir eng Antenn op engem ëffentleche Gebai opzeriichten. Wann een deem engen dat zouléisst, da muss een och deenen zwee anere Provideren d'Méiglechkeet ginn, parallel eng Antenn opzeriichten. LuxGSM wäert net dovunner Gebrauch maachen, well se jo dat scho bei der Post hunn. Allerdéngs kënnen Tango a VOXmobile net dovunner Gebrauch maache well se ze kleng ass, esou datt mer do déi Méiglechkeet geschaf hunn an Tango als „sous-locataire“ dohinner kënnt.

Mer hunn am Abléck e Problem well mer op e ganze Koup Plazen zu Péiteng net ze erreeche sinn. Dat mierkt der jo selwer, datt der ganz dacks dee belschen oder franséische Réseau hutt an net méi dee lëtzebuergeschen. Wat jo och nees Onkäschte bedeit fir deen, deen telefonéiert well et jo eng Auslandsverbindung ass. Mer sinn als Gemeng verflicht, Garantien ze stellen, datt jiddereen ze erreechen ass. Do gëtt et jo an deem selwechte „plan sectoriel“ déi Aufgab, déi mer als Gemeng hunn.

Wat déi Étude ubelaangt – déi der genannt hutt -, datt een am Gebai selwer benodeelegt ass, do hu mär awer aner Étuden, déi genee de Géigendeel soen. An zwar datt déi, déi ronderëm wunnen, méi benodeelegt sinn ewéi déi, déi an de Gebaier sinn. Der hutt Recht wann der sot, datt déi grouss Geeschter gedeelter Meenung sinn. Ech sinn och elo keen Techniker a kann och net soen ob deen een oder deen anere Recht huet. Et gëtt awer ganz kloer hei gesot, datt déi am Gebai selwer net benodeelegt wieren. Well dat war och eis éischt Iwwerleeung well et jo awer e Gemengenhaus ass.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Okay, da ginn ech Eech och eng Kopie vun däer, déi ech hei hunn. Déi ass vum Dezember 2004, wou d'Étude widderleet, datt déi sougenannte „Richtantennen“ no baussen géifen ofstrahlen. Et gëtt jo ëmmer gesot, datt déi e „Leuchtturmeffekt“ hätten, d.h. datt se eben no baussen ofstrahlen. Dat Ganzt heescht „Schlechte Nachrichten für Immobilienbesitzer, die auf dem Dach ihres Hauses eine Mobilfunkantenne installieren ließen...“. Dat gëtt natierlech en Étudekrich. D'Leit sollen erreechbar sinn, do hutt der Recht an dat steet och am „plan sectoriel“ dran. Mee ech fannen, datt déi zwou Antenne vun zwee Provideren, déi esou no beienee sinn, eng absolut Zoumuddung ass fir déi Leit, déi do wunnen an déi do schaffen. Wa mer en anere Site kéinte fannen, deen net direkt an enger Wunnzon, matten an engem Ballungszentrum, géif leien, da wier dat eng aner Diskussioun. Ech fannen, datt mäer als Gemeng dat net dierfte maachen.

**Victor Filaferro (LSAP):**

Kënnt der keng Garantie kréie vun der Firma, datt näischt un d'Leit ka kommen an näischt un d'Internet-Konnektiounen an alles wat do an der Ëmgéigend steet? Och géif ech gäre wëssen ob, wann déi Antenn um Daach opgebaut gëtt, all d'Virsiichtsmoossname geholl gi fir datt alles gutt ofgedicht ass an ee vun der Loft dobannen näischt spiert.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also ech kann Eech soen, datt et eng exzellent Installatioun ass, déi do opgeriicht gëtt. Eis Servicer wäerten och en Aen drop hale wat do opgeriicht gëtt. Eis technesch Servicer hunn do eng ganz Rei technesch Donnéeë krut zu deem, wat do opgebaut gëtt. Dat ass och iwwerpréift ginn. An do kann ech Eech garantéieren, datt kee Schued un den Daach respektiv un déi am Gebai kënnt. Dat steet och am Artikel 7 an der Konventioun mat dran.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Mat de Froe vum Här Becker a vum Här Filaferro si schonn eng ganz Rei vu menge Froen, déi ech mer opgeschriwwen hat, beäntwert ginn. Eng vun de Froe war dann och „le preneur s'engage à souslouer les lieux“ un eng aner Firma. Do wollt ech wëssen, firwat déi zwee net bei CMD oder bei d'Post ginn. Well iwwer de Marché misst dat jo méiglech sinn. Wann ech elo gutt verstanen hunn huet den Här Becker gesot, mer hätte schonn eng Antenn vu VOXmobile an Tango zu Péiteng stoen, oder wéi ass dat? Firwat bauen se déi dann net aus. Kënnen se déi net verstäerken? Dat ass eng Affaire vun deem wat se eraginn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Se hu jo och Étudë gemaach an se géife jo och keng opriichte wann se mat enger Verstärkung eens géife ginn. Si hunn déi Étudë gemaach an hei ass déi richteg Plaz, fir der net nach méi zu Péiteng opzestellen. Wann déi hei opgestallt ass, dann ass Péiteng ofgedeckt. Wa mer se op enger anerer Plaz opstellen, da riskéiere mer awer, datt Deeler vu Péiteng net erreechbar sinn. An da gi mer spéiderhin erëm eng Kéier eng Antenn opriichten. Dofir ass dee Site gesicht ginn. Se haten och un dëst Gebai geduecht, well dat wieren déi optimal Plaze wou se déi ganz Fläch vun der Péitenger Gemeng kéinten ofdecken.

Mer haten och Gespréicher mat hinne gefouert. Wa mer se aus der Agglomeratioun eraus huelen, da sinn nees Plaze do, déi net erreechbar sinn. An da baue mer nach méi Antennen. Dat war d'Iwwerleeung, déi mer hei spille gelooss hunn. Déi Diskussioun leeft schonn 3 oder 4 Joer wou mer eis Étude gefrot hunn. Der kënnt och déi ganz Dokumentatioun kréien. Ech weess net, ob der se am Dossier hutt. Et sinn ëmmer nees Nofroe gemaach ginn an der kënnt se vum Service déi aner Säit kréien.

Mer hunn eis laang Zäit gelooss, mee mer sinn der Meenung, datt, opgronn vun deem „plan sectoriel“, deen do virläit, d'Gemeng awer verflicht ass, gewëssen Servicer fir eis Bierger ze leeschten. An deen Service ass eben, datt, egal wat fir e Provider se och hunn, si ëmmer erreechbar sinn an der Gemeng.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Et huet een als Bierger oder fir d'Bierger ëmmer Bedenken, datt eppes

net kéint klappen. An ech froe mech nach ëmmer, firwat se sech net mat der Post kënnen zesummendoen. Wa si hei kënnen e Souslocataire mat eranhuelen, da muss d'Méiglechkeet bestoen, déi Antenn ze benotzen, déi 40 Meter méi wäit steet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

De Problem ass, mär hunn hinnen dat opgezwongen. Mär hunn déi Klausel do dra gesat, datt si mussen e Souslocataire hunn – obwuel et och am Gesetz verankert ass - well mer net wëllen, datt mar en anere Provider kënnt a seet e wéilt eng Antenn opriichten. Well da kënne mer soen, datt eng Plaz do ass an datt mer wëllen eng Antenn op enger Plaz hunn an net op 27 aner Gebaier. Dat ass e bëssen d'Zil gewiescht a mer hunn als Schäfferot drop gehalen, datt et och an däer Form an de Kontrakt stoe kënnt. Si hunn eis och gesot, datt se wéissten, datt dat esou am Gesetz stéing.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Jo, mee op däer aner Säit kritt een dach dat Gefill, datt d'Post an CMD sech zesummegedoen hunn a VOXmobile an Tango net matgezunn wieren. Elo maachen déi eng fir sech. A wann et elo nach eng drëtt Firma gëtt, da riicht déi och nach eng op wann se net eens gëtt mat deenen aneren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

De Problem ass jo net ob se heihinner kommen oder net. D'Regierung gëtt d'Lizenzen eraus an entscheed ween heihinner kënnt. Si huet der 3 erausginn, esou datt si 3 Provideren d'Méiglechkeet ginn huet fir hei ze schaffen. Dat ass net d'Entscheedung vun der Gemeng an do kann och net e véierten direkt kommen. Dee muss jo dann och eng Lizenz kréien an esou einfach ass dat guer net.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Prinzipiell strahlt d'Antenn jo och nëmme wann drop ugeruff gëtt. Dee Moment wann d'Antenn ugeruff gëtt vun deem enge Provider, da kommen och Strahlen eraus. Ech sinn och der Meenung, datt keng 100 Antennen dohinner stoe komme sollen. Mee wann déi 20 oder 50 Meter méi wäit steet, da strahlt déi an net déi aner. Do muss een oppassen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Do wëll ech awer och nach eppes soe well et jo den Handy ass, dee strahlt wann en urifft. D'Antenn, déi si wëllen opriichten – also eng UMTS-Antenn – strahlt awer iwwer méi eng laang Zäit well se op d'Uriff vu sämtlechen GSMe ronderëm reagéiert. A si hu jo geschriwwen, datt se géingen eng UMTS-Antenn opriichten. An déi strahlt ëmmer. Ech sinn awer nach ëmmer der Meenung, datt dat näischt do verluer huet. Et steet eng VOXmobile-Antenn op der Biff, um Centre d'intervention op der Lénger Strooss, zu Nidderkuer, zu Rodange um Bierg an eng Tango-Antenn „um Brill" an zu Rodange. An déi nächst Tango-Antenn steet zu Käerjeng. Ech fannen, datt mer do net schlecht leien. Ausser mer fannen eng Plaz, wou een déi kéint opriichten. Mee net am Zentrum wou Leit schaffen a wunnen a wou eng aner Antenn 40 Meter dovun ewech steet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et war mer bewosst, datt mer heizou eng Diskussioun géife kréien. Et ass elo um Gemengerot fir ze entscheeden, ob e mengt, datt een déi Méiglechkeet soll ginn. Ech stelle perséinlech fest, datt ech net iwwerall en Netz hunn a ganz dacks e belsche Provider hunn. A fir mech gehéiert eben och dozou, datt ee Konzessioune mécht, well d'Antenn vun deem belsche Provider, déi strahlt och. Dat ass jo am Fong zimlech dat selwecht, wat fir eng Antenn do strahlt.

**Accord avec 12 voix contre 1 voix (Déi Gréng).**

## 4.

**Ordre public.**

**Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons à l'occasion des braderies de 2006 – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Déi wichteg Datumer hu mer schonn an der Sëtzung vum 25. November 2005 festgeluegt. Mee wéi der wësst, kommen am Fréijor ëmmer d'Braderien. Elo sinn d'Datumer bekannt. Zu Rodange ass se den 30. Mee an zu Péiteng den 21. Juli 2006. Och fir déi zwee Deeg géife mer dann d'fräi Nuecht an deene respektive Sektioune ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

**Personnel.**

**Promotion de M. Marco Beil aux fonctions d'ingénieur technicien inspecteur principal premier en rang – décision.**

**Vote secret : Parmi les 13 bulletins trouvés dans l'urne, 10 portaient la mention 'oui', 2 portaient la mention 'non' et 1 bulletin était resté blanc.**

## 5.2.

**Personnel.**

**Nomination définitive de M. Thierry Balance aux fonctions de rédacteur – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

**Personnel.**

**Nomination définitive de Mme Pia Hansel aux fonctions de rédacteur – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

**Enseignement.**

**Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.**

**Accord avec 12 voix, M Klein ayant quitté la salle.**

## 6.2.

**Enseignement.**

**Extension de l'école «Am Päsch» à Rodange: aménagements extérieurs, plan modifié - approbation.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der wësst, datt mer 2004 d'Pläng definitiv gestëmmt hu wat d'Erweiderung vun der Päsch-Schoul ubelaangt. An deem Kontext hate mer och virgesinn, dee ganze Volet vum Schoulhaff nei ze maachen. An der Tëschenzäit sinn awer schonn eng ganz Rei Konferenzen an Informatiounsversammlunge mat dem Léierpersonal a mat eisem techneschen Service gelaf fir ze kucken, ob een en Haff net e bësse méi natierlech an interessant kéint gestalten. Do läit elo e Projet vir, deen der och am Dossier hutt. D'Pläng louche jo dran. Mer gestalten dat vill méi natierlech. Engersäits maache mer e klenge Fussballsterrain, dann och en Amphitheater, wou mer et och esou maachen, datt e besser ze gesinn ass. De Schoulhaff gëtt méi grouss gemaach a mer loossen de Pompjeeën deen aneren Accès fir bei de Schoulhaff ze kommen. Mer hunn och deen Iwwerdaach tëscht deem engen an deem anere Gebai ewech geholl. Mer hunn och zwou Plattforme mat Bamstämm virgesinn, wou d'Kanner

sech kënnen drop sëtzen a schwätzen. Mer hunn och e Waasserlaf virgesinn. Esou sinn d'Kanner och a méi engem natierlechen Ëmfeld an net méi an engem Schoulhaff wéi mer dat aus eiser Jugend kennen a wou nëmmen Beton war an zwee Handballsgoaler stoungen. Dat hei soll méi attraktiv sinn, esou datt d'Kanner an der Paus besser entspane kënnen. Den Developpement vun der Motricitéit soll domat gefuerdert ginn. Si sollen nees op Bamstämm kloteren a méi no a Verbindung mat der Natur komme well et jo ëmmer méi rar gëtt, datt d'Kanner an de Bësch spadséiere ginn.

Dat soll e Pilotprojet sinn an enger Schoul. Mer wäerten dat elo an dëser Schoul fir d'éischt aféieren an dann am Laf vun deenen nächste puer Joer kucken wéi sech déi Saach entwéckelt huet an da Konklusiounen aus deem Projet zéien. A wann déi Konklusioune favorabel sinn, da wäerte mer an Zukunft och aner Schoulhäff lues a lues esou gestalten an och ëmgestalten. Och deen do Schoulhaff ass am Kader vun der „enveloppe budgétaire“ wéi mer se virgesinn haten am Projet 2004 ze realiséieren. Esou datt mer just déi Modifikatioun vun deem Plang musse stëmmen, awer net e weidere Kredit.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Bravo Schäfferot. Ech mengen, ech sinn net ëmmer hei fir géint alles ze sinn. Mee dat do ass eng ganz gutt Saach zu däer ech eech nëmme ka félicitéieren. Ech géif mer wierklech wënschen, datt der dat géift weiderféiere fir och an deenen anere Schoule mat dem Léierpersonal esou Projeten auszeschaffen.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech kann dee Projet och nëmme begréissen, mee ech hunn awer e bësse Bedenken. Déi Saach ass jo gutt iwwerluegt gi vum Léierpersonal mat den Elteren, net datt et duerno heescht, d'Kanner géifen sech dreckeg oder naass maachen, se géife vun de Beem erof falen an esou weider. Net datt mer an 2 oder 3 Joer nees mam Bagger musse komme fir alles erëm ewech ze rappen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dofir hu mer och gesot, et wier e Pilotprojet. A mer kucken dann no engem oder 2 Joer. Et kënnt och vläicht déi eng oder aner Saach wou mer soen, datt et eventuell ze wäit gaangen ass. Vläicht och net, a mer soen dann, datt dat den Optimum ass. Mee mer sollen elo net higoen an all Schoulhaff ëmmodeléieren a da miisste mer no e puer Joer feststellen, datt déi eng oder aner Saach net esou ass, wéi mer eis dat virgestallt haten. Well da miisste mer nees ëmdréinen.

Dëse Pilotprojet a komplett mam Léierpersonal duerchdiskutéiert ginn, d'Eltere sinn an enger Konferenz ageweit ginn an d'Kanner si mat agebonnen ginn. Et ass also e Projet, deen net nëmme vum techneschen Service hei entworf gouf. Ganz am Géigendeel, en ass vun dem Schoulpersonal, vun den Elteren an de Kanner ganz staark matgedroen. Mer hoffen, datt dat net antrëtt wat der fäert. Ech sinn iwwerzeegt, datt et e flotte Projet gëtt. Et muss een awer an engem oder 2 Joer kucken, ob een op deem Wee weidergeet oder net.

**Carlo Gira (CSV):**

Also ech zweifelen net um Projet selwer, me dorunner, datt d'Iddien duerno kéinten änneren.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech kann dee Projet och begréissen a sinn och ganz averstanen domat. Mee wann um 4 Auer d'Schoul aus ass, dann ass kee Kand an och kee Léierpersonal méi do. An da kënne mer eis jo scho virstellen, wat sech duerno do ofspillt. Stelle mer Leit a fir dat ze kontrolléieren? Soss si mer amgaang eppes an d'Liewen ze ruffen, wou et eis schonn no engem Joer Leed deet, datt mer et iwwerhaapt dohinner gesat hunn. Ech hunn och de Waasserlaf gesinn. Erdrénkt do keen? Ech ka mech erënneren, datt mer och hei wollten e Waasser maachen. Do huet d'Oppositioun och gemengt, datt do kéint e Kand dran erdrénken. Ass hei déi Gefor net och do? Hei war och nëmmen eppes Klenges, mee do hu mer awer och de Virworf gemaach kritt, datt do ee kéint erdrénken.

Och d'Iddi mat dem Léierpersonal a mat de Kanner ass ze begréissen. Mee mer musse wëssen, datt um 4 oder spéitstens halwer 5 d'Schoul zou ass. A wat deet sech dann do bis nuets 11 oder 12 Auer ? Der hutt Recht, et muss een dat maache fir d'Kanner, mee et muss een och déi aner Saachen am Virfeld beuechten.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also ech ginn eech Recht. Mer hu sécherlech e Problem owes an nuets. Mee mer brauchen dofir keen neie Schoulhaff. Mer hunn elo an der Ouschtervakanz an 2 Schoulen agebrach krut. Se sinn iwwer den Daach erageklomm. Do war kee Waasserlaf oder esou eppes. Et ass awer alles futti geschloe ginn dobannen. Et ass leider eng traureg Plo, déi mer fir de Moment hei hunn. Awer net nëmmen hei. Wann ech d'Kollegen aus deenen anere Gemengen uschwätzen, déi hunn déi selwecht Problemer a mussen dogéint kämpfen. Hei soll e Mëttel si fir d'Kanner e bësse méi an d'Gestaltung anzebannen. Laut den Theorien, déi déi Experten entwéckelt hunn, soen se, datt, wann d'Kanner mat agebonne gi bei der Konzeptioun vun esou engem Projet, da géifen se spéiderhin dovunner ofgehale gi fir et ze zerstéieren. Et muss een natierlech kucken, ob déi Theorie och Bestand huet. Mee et ass awer de Versuch wäert.

**Roger Klein (LSAP):**

Merci, et ass alles gesot ginn.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Ech hunn am Fong déi selwecht Bedenke wéi de Jeannot Linden, well wann ee kuckt, wéivill Zäit d'Schoul zou ass a wéivill Minuten déi Installatiounen an der Paus benotzt ginn, a wéivill Zäit se fräi si well vu freides nomëttes bis méindes leeft jo näischt, da wäert et do net einfach ginn. Ech wunne jo do a sinn den direkten Noper. Mer si scho genuch geplot an deem Eck do, a wann déi do nach méi optrieden, da gëtt et nach méi schlëmm fir déi Saach an de Grëff ze kréien. Et ass schéin an d'Kanner sollen och an hirer Fräizäit kënnen do spillen. Dat ass jo och de Sënn vun däer Saach. Mee et muss awer iergendwéi e Suivi gemaach gi fir datt een do eng Handhab huet fir och no der Schoulzäit do aktiv ze ginn an e bëssen ze iwwerwaachen. Mer hu jo Leit, déi bis 10 Auer schaffen. Et kéint ee jo dat esou arrangéieren, datt déi kéinte laanscht fueren. Obwuel ee jo awer och genee weess, datt ee Mënsch eleng net vill ausriichte ka wann eng Band um Wierk ass. Da setzt deen sech nees an den Auto an e fiert heem. Dat ass och dat bescht, wat e ka maachen. Et soll een awer kucken, ob een do keng Léisung ka fannen. Eventuell mat enger Sécherheetsfirma, déi eemol oder och zwee Mol do laanscht geet, esou wéi mer dat och an der Schwämm haten. Ech weess net ob mer déi nach ëmmer hunn. Mee dat wier eng Méiglechkeet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat ass d'Fro ob mer et kënnen oder net kënnen. Déi Situatioun hate mer schonn eng Kéier. An enger Schwämm ass dat e Gebai wat zou ass. Do ass dat eng aner Saach. Am Summer wäert déi Sécherheetsfirma och nees aktiv ginn. Dat kann ech eech garantéieren, datt do eng Sécherheetsfirma do ass fir opzepasse wa méi Leit do sinn. Mee dobaussen, esoubal een op der „place publique“ ass, gëtt dat méi schwéier.

Den Distriktscommissaire huet eis déi leschte Kéier net vill Hoffnung gemaach, an datt mer do net vill Chancen hätte fir dat mat enger Privatfirma ze maache well d'Police dofir zoustänneg wier. Wann dat do Iwwerhand géif huelen an et nach méi schlëmm gëtt, da musse mer am Kader vum „Comité de prévention“ intervenéiere fir datt eis Police, wann se dat och sollen eleng maachen, och do ass. Mee ech sinn net esou sécher ob d'Ëmgestallte vum Schoulhaff géif de Vandalismus weider no uewen dreiwen. Méiglech ass et awer. Mä d'Zukunft muss weise wéi et ass.

Zu Rolleng hunn se d'Daachluk futti gemaach an du sinn se do erageklommen. Zu Péiteng sinn se duerch d'Daachluk an d'Eigent-Schoul erageklommen an hu bannenan alles kuerz a kleng geschloe. Näischt geklaut, mee nëmme futti geschloen.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Mer hu souwisou emol iwwer déi lescht Méint alles gesammelt wat hei vu Vandalismus gemaach gouf. Mer hunn och Photoe gemaach a vun eisen Servicer schätze gelooss, wat fir e Schued do entstanen ass. Dat gi jo awer zimlech grouss Zommen. Mer wëlle jo am Hierscht eng Sensibili-séierungscampagne starten iwwer déi Gemengenorganer déi mer hunn, dat ass de 'Meng Gemeng' oder de 'Péiteng Aktuell'. An dat fir d'Populatioun drop opmierksam ze maachen, datt dee Vandalismus héchstwahrscheinlech aus eisen eegene Reie kënnt, an datt jiddereen doheem soll dofir suergen, datt mer anescht iwwerleeën. Well wann een déi Photoe kuckt, dann ass dat alles mutwëllege Schued an et sinn der, déi kënneg dorëmmer sinn, esou wéi Kanner vun eise Matbierger a keng, déi iwwer d'Grenzen erageschmuggelt goufen.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Et misst een der Police awer nach eng Kéier matdeelen, datt et net nëmmen drop ukënnt fir Clienten ze sichen. Si nennen dat haut Clienten, dat si Leit, déi e Protokoll kréie well se zum Beispill falsch stinn. Vu 6 bis 2 sinn se ënnerwee fir esou Clienten ze sichen. A wou si esou Cliente fannen, do ginn se fir d'éischt. Abee, da sollen se och emol op déi Plaze goe wou Clienten, déi Vandalismus bedreiwen, sech ophalen. Well déi Plaze sinn och bekannt.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Mer bei Vandalismus regelméisseg eng Plainte bei der Police maache fir datt d'Statistike stëmmen.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.3.

### Enseignement.

**Colonies scolaires: octroi d'un subside (solde 2006) à l'Asbl «Classes de neige de la commune de Pétange» - décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der wësst, datt mer all Joer an d'Schnéivakanz ginn. Mer waren d'lescht Joer vum 24. Januar bis den 3. Februar op Sigmundsberg bei Mariazell. 166 Kanner an 28 Begleetpersoune waren derbäi. 4 Busse sinn dohinner gefuer. Den „décompte final“ konnt der an den Ënnerlage virfannen. D'Asbl „Classes de neige“ huet eis deen erageschéckt. D'Ausgabe belafen sech op 90.682 Euro. D'Elteren hunn dovunner 28.220 Euro gedroen, wat 31% Prozent ausmécht, also een Drëttel. D'Gemeng dréit 62.462 Euro. Mer haten hinnen en Akont ginn op den 23. Dezember 2005 vun 33.500 Euro, esou datt mer hinnen elo nach mussen de Solde vun 28.962 Euro iwwerweisen, déi och am Budget 2006 virgesi sinn. Do hu mer dann och nees eng Kéier e Solde stoen am Artikel 3/422/6170/001 fir déi nächst Avance ze bezuele fir d'Joer 2007.

Ech wëll all deene Merci soen, déi bei deenen 166 Kanner derbäi waren. Et ass sécherlech net einfach haut mat esou enger grousser Grupp erauszefueren. Se sinn zwar ganz flott ënnerbruecht. Dovunner konnte mer eis nees selwer iwwerzeegen. Et ass e flott agespillten Team, dat do higeet a wou zënter Jorzingte gutt Aarbecht mat de Kanner gemaach gëtt. Et gëtt net nëmme Schi gefuer, mee och sozial Aarbecht gemaach. Eng ganz Rei Leit maachen do schonn zënter Joren eng gutt Animatioun. Hinne soen ech Merci fir den Engagement, deen si weise fir d'Kanner aus dem 6. Schouljoer.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Ech war dëst Joer och mat, wat ech schonn e puer Joer wollt maachen. Esou wéi d'Kanner ënnerbruecht an encadréiert sinn, ass wierklech an der Rei. Dat eenzegt, wat ech e bëssen ze beanstanden hunn, dat ass dee wäite Wee bis dorower. Si waren all wéivill Stonnen am Bus, wat och nees verluere Stonne sinn. Dann och d'Zäit, déi se do ënne waren. Se waren am ganzen 10 Deeg fort, dat sinn 10 Deeg Schoul. Gutt, et heescht Schoulklassen, obschonn all Mënsch weess, datt do net esou intensiv geschafft gëtt ewéi heiheem. Ech sinn donidden erëm-geholl gi well ech dat Wuert Schoul-vakanz fale gelooss hat an hu gesot kritt, et wiere Schnéiklassen. Et ass jo awer och am 6. Schouljoer, wou jidderee weess, datt d'Kanner duerno an de Lycée oder den Lycée technique ginn.

Dat Ganzt huet jo och e ganz schéinen Impakt well et ass jo eng héich Zomm déi investéiert gëtt. An an der haiteger Zäit, wou et ëmmer heescht, datt muss gespuert ginn, fannen ech et och verstänneg, wann d'Personal et wëll verkierzen an net méi esou wäit fueren. Ech mengen, fir de Rescht hunn se donidde gutt Aarbecht gemaach. Dëst Joer haten se och Chance, well et war herrlecht Wieder.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Jo, de Wee ass natierlech wäit, wéi d'Madame Conter dat gesot huet. Et ass natierlech och net einfach fir mat 166 Kanner eng Plaz ze fannen, déi adaptéiert ass wéi déi do. Ech weess och, datt se schonn eng Zäitchen amgaange sinn ze sichen an datt se eng nei Plaz an Aussicht hunn. De Risiko, datt se net fir dat anert Joer fäerdeg ass, ass ze grouss, esou datt mer dat nächst Joer erëm op déi selwecht Plaz fueren. D'Gespréicher lafen nach an et ass och eng Reunioun dës oder déi aner Woch virgesinn. Mer hunn awer an Aussicht gestallt krut, datt se an der nächster Zukunft, vum Joer 2008 un, méi no bäi fueren an net méi esou laang am Bus brauchen ze setzen. Do ass eng Méiglechkeet, déi sech soll erginn. En neit Gebai. An se ginn selwer elo eng Kéier kucken. Et muss ee jo och gesinn, ob dat dann och adaptéiert ass an ob et dann och hiren Usprëch duergeet. Net datt mer do op eng Plaz ginn, déi méi no ass, mee anerersäits vläicht net esou gutt ass. Et lafen Iwwerleeungen, fir et méi kuerz ze maachen.

**Camille Bosseler (CSV):**

Ech wollt nëmme just froen ob dat, wat hanner de Busse steet, Devis, och déi zwee Devisë sinn. Hunn se sech dorunner gehalen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Si hu jo nach en Deel net bezuelt, an ech sinn iwwerzeegt, datt se d'Bussen nach net bezuelt hunn. Se hu jo nach 28.962 Euro ze kréien an se waarde wahrscheinlech drop fir se kënnen ze bezuelen. Dat do ass awer de Präis, dee muss bezuelt ginn.

**Accord avec 12 voix et 1 abstention (Déi Gréng).**

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Wéi der wësst, sinn ech kee grousse Frënd vun däer Formule wéi se hei ugeschwat gouf, dat heescht d'Schi-vakanzen oder „colonies scolaires“, well

se absolut iwwerlieft an net méi der Zäit ugepasst ass. Dofir war ech och elo e bëssen erféiert an erstaunt wéi ech aus dem Mond vun der Madame Conter an dem Här Buergermeeschter héieren un, datt geplangt ass, net esou wäit ze fueren an op eng aner Formule zeréckzegräifen. Wat ech dann natierlech begréissen. Well schonn déi leschte Kéier, wéi ech am Gemengerot war, hat ech drop higewisen, datt et hei vir an Däitschland Bauerenhäff ginn, déi op Kanner ausgeriicht si mat Reiden asw. Do sinn och Klassesäll ageriicht. Dat géif d'Eltere vun de Kanner, an eis Gemeng, net esou deier ginn. Bon, d'Eltere mussen dann och kee Schicostume kafen. Well ween, ausser deenen, déi ganz gutt gestallt sinn, fiert weiderhin an d'Schivakanzen? Ech war e bësse frou, fir dat ze héieren an datt et och elo esou weidergeet.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Vum méi wäit fueren, dat hate mer hei gesot. Mee wat déi nei Formule ugeet, do wéilt ech eech awer net zevill Hoffnunge maachen.

## 7.1.

### Prévisions sociales.

**Engagement de deux apprentis (m/f) dans le métier de l'instructeur de natation – renouvellement d'une décision.**

**Roland Breyer, Schäffen:**

Dir Dammen an Dir Hären, mer haten d'lescht Joer den 20. Juni hei zwee Studenten agestallt, am Fong geholl waren et „apprentis“, déi de Beruff vum Schwammmeeschter hei sollte léieren. Et huet sech awer erausgestallt, datt am Schouljoer 2005-2006 esou eng Formatioun net ugebuede ginn ass, esou datt déi zwee nach e Joer musse waarde bis se hir Léier kënne maachen. Mer wollten eech bieden, der Madame Joelle Quintus an der Madame Carmen Lorang ze erlaben, nach ee Joer drun ze hänke fir datt se dann hir Formatioun kënnen an der Schoul maachen an dee Beruff kënnen ausüben, deen si wëllen. Dat heescht, mer wéilten hire Stage ëm ee Joer verlängeren.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Bon, ech war och e bëssen iwwer-rascht. Mee wann se net genuch Schüler hunn, dann ass dat esou. Et gi jo vill vun deene Coursen, déi net ugebuede gi wann d'Klassen net staark genuch besat sinn. Meng Froe sinn awer déi hei: hunn déi zwou Persounen dat ganzt Joer iwwer bei eis geschafft? Ënner wat fir Konditioune waren se agestallt? Maachen si elo d'Léier eng zweete Kéier? Well am Fong geholl gëtt jo elo eréischt d'Theorie gemaach. D'Praxis ass jo schonn eriwwer.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Se goufen an der Praxis net esou staark agesat well se och d'Theorieswäerter net haten. Se hunn nëmme veschidden Aarbechte gemaach.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

D'Joelle Quintus war als CAT agestallt ginn. Si hat en CAT-Kontrakt fir en „apprentissage temporaire“. Bei der Madame Lorang hate mer jo hei am Gemengerot entscheed, e Kontrakt fir ee Joer ze maachen – si war och schonn ze al fir en CAT ze kréien - well eben déi Formatioun net ugebuede gouf. D'Formatioun gouf och net wéinst engem Manktem u Kandidaten ugebueden, mee doduerch, datt déi Formatioun komplett reforméiert gëtt. Et gëtt eng ganz aner Formatioun. Dofir hunn se ee Joer komplett ausfale gelooss.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Dofir wollt ech jo froen, ënner wat fir engem Statut si bei eis geschafft hunn. Fir d'Madame Lorang hu mer jo hei ofgestëmmt. Mee dat anert ass jo dann en CAT.

**Roger Klein (LSAP):**

Meng Fro geet an déi selwecht Richtung. Et ass einfach eng domm Situatioun fir déi Leit, déi esou agestallt ginn, an da gëtt déi Formatioun net gemaach, déi se wëlle maachen. An Zukunft, wann ee Leit fir eng Formatioun astellt, da muss een sech genee ëmfroen ob déi Formatioun och gemaach gëtt. Dann ass esou wuel fir deen, deen astellt, ewéi fir deen, deen agestallt gëtt, kloer, wat op en zoukënnt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat ass ganz richteg. Et ass eis och eréischt déi lescht Minutt gesot ginn a mer ware ganz iwwerrascht. Et kann ee bei all Geleeënheet, wann een eng Persoun fir eng Formatioun astellt, froen, ob eng gewësse Formatioun gemaach gëtt. An da kann een nach Pech hunn an et kritt ee gesot, datt se awer net ugebuede gëtt. Mer haten d'Entscheedung fréi geholl fir datt se am September och eng Plaz hätten, well et sinn der, déi elo scho komme fir e Posten ze kréien. Well wann se kee Posten hunn, da kënnen se och keng Formatioun maachen.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Ech mengen, et ass awer der Gemeng hir Pflicht an et ass, wéi de Camille ëmmer seet, eng gutt Saach, de Leit eng Méiglechkeet ze gi fir en Handwierk ze léieren an duerno qualifizéiert Leit um Aarbechtsmaart erëmzefannen. Och wann et dat lescht Joer e bësse schief gaangen ass. Mee da klappt et dëst Joer besser an da kënnen déi zwou Damen och hir Léier bei eis maachen.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.2.

### Prévisions sociales.

**Emploi: engagement de quatre élèves ou étudiants (m/f) supplémentaires pendant les vacances d'été de l'année 2006 pour la piscine de Rodange (PiKo) – décision de principe.**

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Dir Damen an Dir Hären, et geet hei drëm, 4 zousätzlech Posten ze schafe fir de PiKo. Wéi der wësst, hate mer an der leschter Gemengerotssëtzung de 24. Mäerz déi Posten all zesummen autoriséiert. Do waren der 2 Mol 6 derbäi fir de PiKo, an zwar fir deen ee Mount a fir deen aneren. Déi Leit ware virgesi fir dobaussen Glacen asw ze verkafen. Et ass awer esou, datt an der Tëschenzäit d'Schwammmeeschteren un eis erugetruede sinn a gesot hunn, datt och si eng Hëllef bréichte wann esou vill Leit an der Schwämm sinn. An zwar bréichten si pro Mount 2 Posten, dat vum 15.7. bis de 14.8. a vum 15.8. bis de 14.9. Mer sinn der Meenung, datt dat esou ass an datt do Leit solle si fir ze iwwerwaachen. Mee mer sinn awer och der Meenung, datt déi Leit sollen e „brevet de sauvetage“ hunn an op d'mannst 16 Joer al sinn. Dofir géif ech eech bieden, dat ze erlaben, datt mer déi 4 Poste mat Studente kéinte besetzen.

**Roger Klein (LSAP):**

Fir mat de Wierder vum Här Rosenfeld a vum Här Bosseler ze schwätzen, et ass eng gutt Saach, datt d'Gemeng eise Jugendlechen d'Geleeënheet gëtt fir eng Vakanzenaarbecht ze maachen an ze kucken, wéi et um Aarbechtsmaart ass. Et ass ganz sécher eng gutt Saach, datt déi Posten, déi geschaf ginn, mat den Servicer ofgeschwat sinn. Dofir ware mer e bësse verwonnert, datt mer de 24. Mäerz 2 Mol 7 Poste sollte schafen an elo, e Mount méi spéit, liese mer, datt mer nees fir „2 propositions de service“ musse 4 Poste schafen. Do hu mer eis geduecht, ob deen een net wéisst, wat deen anere proposéiert huet. Mee mer hu jo elo d'Erklärung

kritt, datt déi Aarbecht ëm de Basseng, déi awer och ganz wichteg ass, vergiess gouf. An et ass och wichteg, wéi den Här Welter dat seet, datt déi Leit e „brevet de sauvetage“ hunn. Mer sinn och bereet, deenen 2 Posten zouzestëmmen. Et wier awer wënschenswäert, eleng aus Respekt fir de Gemengerot, wann dat an engem Block kéint gestëmmt ginn. Da wéisst och jiddereen, wou en dru wier.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der hutt Recht, dat hätt sollen an enger Kéier gestëmmt ginn. Am Schäfferot hate mer gemengt, déi wieren an deene 14 Posten dran. Mee do hate mer d'Rechnung ouni de Wiirt gemaach. Se waren net dran. Dofir hu mer déi 4 nach proposéiert. Mee déi aner Kéier wäerte mer se beienee stëmmen.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Mer hunn do e Plang, wéi déi Leit agedeelt sinn. Se hëllefen an de Keesen. Do sinn och Leit, déi Kanner hunn an déi an d'Vakanz ginn. Se mussen och zu 2 an de Buvette sinn, an et sinn 2 Buvetten. Do muss och een do sinn, dee groussjähreg ass well Alkohol zerwéiert gëtt.

Dat anert ass de Service, dee ronderëm geet. Wann ewéi d'lescht Joer op gudden Deeg eventuell 1.000 Leit do sinn, da kënnt een effektiv net eraus. Mer hunn dee Plang duerchgekuckt, an ech mengen, dee wier an der Rei.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Meng Froe goufe beäntwert.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.3.

### Prévisions sociales.

**Centre de rencontre et d'information pour jeunes «Péitenger Jugendhaus»: convention pour l'exercice 2006 - approbation.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Dat ass eng Konventioun mam Péitenger Jugendhaus, déi all Joer erëmkënnt. An déi musse mer elo erneieren. Mer hunn déi Konventioun zesumme mat dem Familljeministère fir eist Jugendhaus un d'Fonctionnéieren ze kréien. Mer deelen eis och déi Zomm, déi do am Budget steet, mat dem Ministère, esou datt op eis Gemeng 111.000 Euro falen. Am Budget hu mer dofir den Artikel 3/0630/6321 virgesinn. Ech wëll och vun hei aus soen, datt dat Jugendhaus de Moment ënner der Leedung vun 2 „éducateurs gradués“ an 1 „aide-éducateur“ steet. Ongeféier 80 bis 100 Jugendlecher passéieren do owes. Si maache Projeten an Animatioun do. Dat leeft de Moment ganz gutt a mer hunn och e gudde Kontakt mam Jugendhaus. Mer hoffen, datt dat an nächster Zukunft esou weidergeet. Ech wëll awer och dem Här Baumann a senger Equipe Merci soe fir déi Aarbecht, déi donidde geleescht gëtt. Dofir géing ech eech bieden, dëser Konventioun zouzestëmmen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech si jo selwer am Komitee vum Jugendhaus, an et ass och weider kee Problem, datt déi Konventioun all Joer erëmkënnt. Mee ech hätt awer en anere Problem. D'Jugendhaus huet zesumme mat der Kommissioun elo eng „Semaine de la toxicomanie“, wou se och am Virfeld e mëndlechen Accord kruten, datt d'Gemeng se géif fir d'Organisatioun vun däer Campagne ënnerstëtzen. Dee leschten Donneschdeg war et awer am Schäfferot esou, datt déi 3.000 Euro, déi se gefrot haten, verworf gi sinn. Wann ech richteg informéiert gi sinn.

Des Weidere wollt ech drop opmierksam maachen, datt d'Jugendhaus Asbl kee Veräin ewéi déi meescht Veräiner aus der Gemeng ass well d'Jugendhaus fir d'Gemeng schafft a probéiert, déi Jugendlech vun der Strooss ze huelen. Se hunn e Projet iwwer den Alkohol gemaach, se sinn och amgaang e Projet géint de Vandalismus ze maachen. A fir déi „Semaine de la toxicomanie“ haten se e ganze Koup Spezialiste gefrot. An do kommen net manner wéi 10 verschidde Leit oder Associatiounen an deenen 3 Deeg fir mat de Jugendlechen an den Elteren ze diskutéieren. Si wiere frou, wann se déi 3.000 Euro vun der Gemeng kréiche well jo awer schonn alles organiséiert ass.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Mer ware mat deene Leit zesummen, a vum Schäfferot hunn se keng 3.000 Euro an Aussiicht gestallt kritt. Si hate rieds mat eiser Jugendkommissioun an do si gewëssen Iddien opkomm, well se hunn déi Kommissioun och gefrot, ob se hinnen net wéilten eng Hand upaken. Déi sinn och ganz gewëllt fir do unzepaken. Duerno hate mer nach eng Entrevue – an do war den Här Baumann och derbäi –, wou ech gesot hunn, mer misste kucke wéi et mat de finanzielle Mëttelen géif stoe well eis Jugendkommissioun brauch och e gewësse Budget fir hir Aktivitéiten ze maachen.

Als Gemeng hu mer e Budget fir si gestëmmt iwwer 111.000 Euro, an an deem Budget sollen och Aktivitéite vum Jugenhaus ofgedeckt sinn. A mer iwwerhuele jo och déi ganz Logistik fir déi Deeg wou se dat organiséieren. Si kréien 'A Rousen' a Chaleten zur Verfügung gestallt. Mer riichten hinnen e Parking bei dem Kulturhaus zu Péiteng an. A wa mer déi Stonne rechnen, déi eis Aarbechter do schaffen, da gëtt dat schonn eng ganz schéin Zomm.

Et muss een och ëmmer bedenken, datt se mat engem praktesch fäerdege Projet un eis erugetruede sinn. Mer hunn dozou kee „bilan prévisionnel“ erakrut. Wann een esou eng Aktivitéit mécht, dann ass et an enger Gemeng nach ëmmer Usus, esou e Bilan eranzegi wann ee gär duerno en zousätzleche Subsid hätt.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Do schént och iergenwéi de Lien net esou richteg ze fonctionnéieren. Tëscht dem Mëttelsmann vun der Gemeng an dem Jugendhaus, do klappt eppes net wéi et soll. Et wier un eis heibannen, um Schäfferot - an ech huelen dat och mat an d'Jugendhaus – fir dofir ze suergen, datt déi Saachen do berengegt ginn an erëm alles esou klappt wéi dat virdrunn de Fall war. Et ass jo och dervu geschwat gi fir Aarbechten am Haus ze maachen. Do besteet eng ganz grouss Urgence, an dat ass d'Geländer wat se nei gemaach hunn. Wann do eng Kéier ee mam Kapp drafällt, dann ass et eriwwer mam Jugendhaus. An esou Saache ginn et méi. Do muss wierklech emol d'Aarbecht vun deenen zwou Säiten nees opgeholl an e Mëttelwee fonnt gi fir ze kommunizéieren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech wëll awer hei ganz kloer soen, datt, wann et elo esou hei virgestallt gëtt wéi wann d'Relatiounen tëscht dem Jugendhaus an dem Schäfferot net gutt wieren, da géif dat mech scho wonneren, well bis elo war deen Drot nach ëmmer ganz gutt wann ech déi Projete kucken, déi mer zesumme gemaach hunn.

Mee et gëtt ee ganz grousse Problem, an dat ass déi Subventioun, déi där elo grad ugeschwat hutt. Déi ass ënner däer Form net méiglech. De Schäfferot kann dat guer net bewëllegen. Do huet de Gemengerot kloer Richtlinnen, ënner wat fir enger Form en e Subsid ka ginn. Nëmmen déi subsidiéiert Veräiner komme fir Subsiden a Fro an de Schäfferot kann emol bei ganz aussergewéinleche Fäll soen, datt d'Gemeng sech engagéiert. Mee de Gemengerot entscheed duerno, esou datt et guer net an der Muecht vum Schäfferot läit fir esou eng Entscheedung ze huelen.

D'Jugendhaus gehéiert net zu esou enger Associatioun, déi iwwer dee Wee subsidiéiert gëtt. Am Géigendeel, déi kritt Sue vun der Gemeng iwwer déi Konventioun. A wat mer aus der Konventioun eraushuelen – dat hu mer jo scho gemaach mam „aide-animateur" – do hu mer gesot, datt mer him géifen en zousätzlech Pei ginn. An dobäi iwwerhëlt d'Gemeng souwisou scho méi wéi déi 50%, déi hir zousteet. Mee dat muss de Gemengerot entscheeden. Dat eenzegt, wat de Schäfferot ka maachen, ass logistesch Ënnerstëtzung ginn. An dat hu mer awer hei wierklech genuch gemaach. Mer sinn och der Meenung, datt et eng ganz gutt Saach ass an et och esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzt muss ginn. Awer mer mussen oppassen, datt mer net nach zousätzlech Subsiden nieft däer Konventioun hei maachen. Well dat gëtt en Amalgam wou dat eent iwwer dat anert erausgeet, an dat soll een awer verhënneren. Et hält awer näischt d'Gemeng dovunner of fir ze kucken, wat fir en Effort een nach ka maachen, u wat se sech nach ka bedeelegen. Ech mengen, dat kann nach ëmmer opstoen an nach eng Kéier diskutéiert ginn. Mer sollen awer do keng „surenchère" maachen, d.h. nieft enger Konventioun, wou mer scho méi wéi 50% droen, dann och nach e Subsid ginn, well dat gëtt däers Gudden e bëssen zevill.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Wat d'Aarbechten am Jugendhaus ugeet, esou war ech virun 8 Deeg selwer mat engem Techniker donidden. Zwar net well d'Jugendhaus eis geruff hat, mee wéinst enger anerer Saach. Wéi si eis gesinn hunn, do hunn se eis och erageruff. No deenen eenzelnen Aspekter vun de Renovatiouns-aarbechten, déi all festgehale goufen, wäert och an däer nächster Zäit gekuckt ginn. Well et ass net nëmmen d'Gelänner, mee et ass och eng Wand, déi se gären nei hätten an och nach eppes mat der Garagepaart. Do kommen nach an nächster Zäit verschidde Saachen op eis duer, a mer wäerten och derno kucken. D'Fënstere mussen och ofgedicht ginn. D'Gelänner wäert och dat éischt sinn, wat an d'Rei gesat gëtt.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.4.

### Prévisions sociales.

**Convention avec le centre d'animation et de guidance pour personnes âgées «Club Senior Prënzebierg» asbl pour l'exercice 2006 - approbation.**

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Wa mer iwwer den 3. Alter schwätzen, da wëll ech eech awer och iwwer eisen neien Service, de Senior-Bus zielen. En ass eng éischte Kéier dee leschte Mount gefuer an en huet eng 25 Leit matgeholl. Et ginn der zwar 50 an de Bus, mee mer mengen, datt et fir déi éischte Kéier ganz anstänneg war. Déi Leit, déi matgefuer sinn, ware ganz zefridden. Der wësst, datt de Bus bis virun den Kino Utopia fiert. Fir 15 Euro geet een dann an de Kino an et gëtt een nees zeréckbruecht. E Mëttwoch hu mer och déi 2. Fahrt, fir déi mer e bësse Reklam bei der Amiperas- an de Seniore-Sektioune gemaach hunn. Dës Kéier gëtt de Film „Vu Feier an Eisen" an déi Kéier drop „Die weiße Massai" gewisen. Mer mengen, datt dat Erfolleg huet an datt et och virugefouert géif gi bis un d'Enn vum Joer. D'Filmer sti fest bis den Dezember an et ass eng Flott Aktioun, déi mer fir eis Seniore gemaach hunn.

Et dréint sech awer haut drëm fir eppes virulafen ze loossen, wat gutt leeft. A mer hunn hei iwwer eng Konventioun ze entscheeden, déi all Joer nees frësch ënnerschriwwe gëtt. Déi eng Partie ass de Stat selwer mat der Familljeministesch Marie-Josée Jacobs, d'Gemengen Déifferdang, Käerjeng, Kënzeg, Péiteng a Suessem, vertratt duerch de Schäfferot an déi aner Partie ass dann d'Asbl „Aide pour personnes âgées Prënzebierg" mat Sëtz zu Nidderkuer, representéiert vun der Madame Jacqueline Weis-Ansay.

Dës Konventioun besteet doran, datt eng ganz Rei Aktivitéiten ugebuede ginn an deene 4 Gemengen. Se maachen all Joer eng nei Brochure. An et muss een sech emol ukucken, wat déi alles ubidden. dat geet vum Molcours iwwer venezianesch Masken, Senior Dance, Laach-Yoga, Skulpturen aus Sandsteen, Poterie, Entspanung duerch richtegt Otmen, GSM einfach gemaach, asw. An dann hunn se natierlech och hiren „thé dansant". Dës Senior-Organisatioun akzeptéiert jiddereen iwwer 50 Joer – et steet zwar 60 Joer an hirem Prospekt – a gëtt zu engem groussen Deel vum Stat finanzéiert. D'Personalkäschte ginn zu 87% vum Stat iwwerholl. Am Dossier selwer hutt der eng Annexe, wou drasteet, datt déi Personalkäschten sech op 269.078 Euro belafen, vun deenen dann 234.098 Euro vum Stat iwwerholl ginn. Et kommen nach 625 Euro an 2.649 Euro fir d'Equipement ze ersetzen dobäi. Dat si kleng Zommen a ginn tëscht deene 4 Gemengen opgedeelt. Ech géif eech bieden, dës Konventioun ze stëmmen a soen eech elo scho Merci.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Urbanisation.

**Réaménagement de la place de la Libération à Pétange – approbation du projet détaillé (devis et plan).**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Hei geet et dodrëm, datt d'Place de la Libération soll frësch gemaach ginn. Mer hate scho méi laang driwwer nogeduecht fir se frësch ze maachen, spéitstens awer d'lescht Joer, wéi mer d'Spillplaz hannendrun kruten an och déi flott Bréck iwwer d'Kor. Do ware mer eis sécher, datt mer eppes misste maachen op däer Plaz. Dës Pläng hunn sech nach méi konkretiséiert, wéi mer mat engem P.A.P. konfrontéiert goufe vun engem Promoteur, wou en eis en „Hôtel Service Senior" mat 51 Logementer proposéiert huet op dem fréiere Standuert vun den „Etablissements Err". Do war et eis kloer, datt mer bei däer Geleeënheet déi Plaz géife frësch maachen. Sécherlech awer net virdru well et wier net gutt wa mer déi Plaz géife frësch maachen an duerno géif dann nach mat groussen Apparater geschafft ginn. Dofir géife mer ofwaarden an d'Pläng elo stëmmen, obwuel mer et eréischt 2007/2008 maache wäerten. Wahrscheinlech 2008. Dat ass doduerch bedéngt, datt mer dem Promoteur d'Méiglechkeet gi fir sech un deenen Käschten do ze bedeelegen a fir kënnen ze soen, wat dat géif kaschten. Well mer musse jo en Devis hunn.

Mer wëllen op däer Plaz eng ganz Rei Aarbechte maachen. Déi ganz Kanalisatioun gëtt nei gemaach, och eng Rei Netzer gi frësch geluegt. D'Waasserleitung, och déi ganz Voirie an déi ganz Plaz, wou iwwer 50 Parkplaze géife bestoe bleiwen, gëtt nei gemaach. Dat géife mer méi flott gestalte mat engem ganz aneren „éclairage public", mer géife Bänken dohinner setzen, Beem uplanzen, eng Allee maachen, déi riicht op déi nei hëlze Bréck zougeet. Et ass e ganz flotte Projet, deen Luxplan eis presentéiert huet. De Chiffer ass och net kleng mat 330.469 Euro. Dat ass wat déi nei Plaz eis géif kaschten. Mer sinn awer der Meenung, datt dee ganzen Eck géif opgewäert gi wann déi Plaz do an d'Rei gesat gëtt. An dat och mat dem P.A.P., dee mer ënner Punkt 8.2. nach uschwätze wäerten, dee Projet fir déi 51 Logementer, deen „Hôtel Service Seniors", mat engem Restaurant an och Versammlungsräim. Dat géif sécherlech fir den Zentrum vu Péiteng e Méiwäert ginn.

Ech géif emol proposéieren, an enger éischter Phas iwwer den Devis, dee Projet, den Amenagement an déi Pläng ze diskutéieren, déi och an ärem Dossier louchen

**Roger Klein (LSAP):**

Ech hunn eng ganz punktuell Fro well déi Plaz jo haaptsächlech als Parking benotzt gëtt. Wéivill Parkinge bleiwe mat deem neie Projet a wéivill verschwannen der am Verglach mat dem Zoustand vun haut.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also, et ginn 51 Parkplazen do amenagéiert. Dat sinn der also méi, wéi der haut – dat sinn der 47 - do sinn. Doduerch, datt se amenagéiert a gezeechent si wäert et och net méi esou wéi elo sinn, datt, deemno wéi d'Autoen do stinn, et keng 47 Plaze méi sinn. Well wann elo e puer Leit sech an d'Mëtt stellen, da sinn d'Plaze fort. Mee wa mer déi richteg anzeechnen, esou wéi dat um Plang virgesinn ass, da si mer sécher, datt mer déi 51 oder 52 Plazen hunn.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech war dee Projet do kucken, an et kann een nëmme begréissen, wéi déi Plaz do agedeelt ginn ass. Wann ee kuckt, wat fir en Erfolleg déi nei Spillplaz mat deem neie Fussballsterrain huet, dann ass d'Situatioun vun de Foussgänger net grad glécklech. Bei deem Projet kréie mer awer eng Allee, op däer d'Leit ganz geschützt kënnen op déi Plaz goen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Well mer jo en zimleche Parkplaz-manktem an der Gemeng hunn, da wësst der jo, datt, wann op esou enger Plaz geschafft gëtt, da muss een de Leit och Alternativen ubidden. Der wësst jo och, datt vill Haiser an der Korstrooss keng Garage hunn an déi hiren Auto do ofstellen. An der Tëschenzäit gesäit ee jo och ganz vill Autoe vun enger Firma do stoen. Ech nennen se net mam Numm well jo jidderee weess, ëm ween et hei geet.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Alternativen hu mer de Leit och schonn elo ugebueden. Mer haten hinne gesot, se sollten sech net dohinner stellen. Als Alternativ hunn se de Parking hanner der Shell-Statioun. An esou séier wéi mer d'Reglementatioun erëmkréien an datt se dann do praktesch de ganzen Dag kënne parken, wäerte mer se nach eng Kéier dorop hiweisen. Mer kréien de Problem méi mat de Schoul-meeschteren, déi elo vum Parking profitéieren. Och d'Musekschoul, d'Flegeheem – do gëtt jo och nach geschafft – an den Home St. Hubert sinn do betraff. Mer hunn awer och nach de Parking vun der Sportshal, deen 3 Minutten zu Fouss ewech läit. Et muss een effektiv kucken, datt een dee méi ervirbréngt. Do hu mer 110 Parkplazen. Wann et net anescht ass maache mer och nach eng Busnavette. Et muss een awer de Leit och soen, datt een net schmëlzt wann een 3 Minutten zu Fouss geet an datt et och net onbedéngt e Sacrifice ass. Wéi gesot, et sinn Alternativen do. Mer hunn an der Peripherie – 3 Minutten zu Fouss - ronn 200 Parkplazen. Dat muss een awer och nach soen.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Wann een dee Projet do kuckt, da gesäit een näischt Negatives drun. Déi Plaz, déi jo haut eng Parkplaz ass, kritt emol eng anständeg „voie“. Haut weess ee jo net, wouhinner ee soll fuere well se sti jo hëtt an har. A wat wichteg ass, wat den Här Gira scho sot, d'Leit si geschützt duerch eng Allee wou keen Auto kann un se kommen. An och déi Leit, déi do wunnen, kréien eng ganz aner Liewenskalitéit. Well bis elo war dat einfach en Ofstellparking, deen net ganz flott war, an deen elo eng schéin Nues kritt. Dofir ass dee Projet hei nëmmen ze begréissen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

An deem Zesummenhang kann een och soen, datt mer Gespréicher mat deene Leit, déi do wunnen, haten. Se hunn sech de Projet ugekuckt a waarden drop, datt dat do realiséiert gëtt.

**Camille Bosseler (CSV):**

Ech géif nach gären eppes mat op de Wee ginn. Hanner der Shell-Statioun ass de Parking meeschtens an der Woch eidel. Vläicht net méi esou vill elo, mee et wier eng Alternative, fir datt een dohinner kéint goen. Wann déi déck Camione komme wa geschafft gëtt, da muss souwisou Plaz do sinn.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Am Budget hu mer och de Balisage vun de Parkingen zu Péiteng drastoen. Mer hunn och wëlles, dat esou ze realiséieren, datt et ugewise gëtt, wou e Parking ass, wou ee muss bezuelen, wou e fräie Parking ass. Esou bréngt een de Leit eng Alternativ méi no. Also mer hunn net direkt eng Parkingsnout, mee et gëtt net genuch dovunner profitéiert wéinst der Kommoditéit vun de Leit. Wa mer elo e bësse Bewegung drabréngen an dee Parking do ënne „payant“ maachen, da pendelt dat sech an. Wéi gesot, 3 Minutte goen an dann e gratis Parking hunn, da pendelt dat sech an.

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

**Urbanisation.**

**Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, place de la Libération 7, lieu-dit «In den Azingen», présenté par la société Luxpromotion 1 de Béreldange, pour la construction d'un «hôtel service seniors» comprenant 51 logements, restaurants et salles de réunions: approbation de la convention conclue avec le promoteur – approbation provisoire du projet.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Da waarde mer also 2008 of fir dat ze realiséieren. Well ier mer d'Palz a Stand setze soll fir d'éischt nach e grousse Projet – e wichtege Projet an eisen Aen – realiséiert ginn. Dat ass de Punkt 8.2. wou e P.A.P. op der Dagesuerdnung steet a wou e Promoteur, Luxpromotion, eis proposéiert eng Konstruktioun vun engem „Hôtel Service Seniors“ ze maache mat 51 Logementer, mat Restaurant a Versammlungsräim fir eis eeler Matbierger. Dee Projet soll iwwer 5 Stäck goe mat 51 Appartementer wéi der aus ären Dokumenter konnt erausgesinn. Déi solle fir Leit reservéiert sinn, déi iwwer 55 Joer al sinn. All Apartement huet e Balcon a soll tëscht 42 an 69 Quadratmeter grouss sinn. Fir all Appartement soll och een ënnerierdesche Parking ageriicht ginn. D'Appartementer hunn 1 bis 2 Schlofkummeren, si behënnertegerecht ageriicht an hunn och eng Kitchenette. Um Rez-de-Chaussée kommen den Accueil, e Restaurant fir d'Pensionären (nëmmen d'Awunner), awer och Raimlechkeete fir en Dokter, e Coiffeur an eng kleng Epicerie. Et kënnt awer och en normale Restaurant dohinner. Op all Stack sollen eng Bibliothéik a Fernsehraim si wou déi eeler Leit sech kënnen ophalen. Am Keller soll e grousse Fitnessraum komme mat Sauna, Whirlpool fir déi eeler Leit, esou datt se vun all deene Méiglechkeete kënne profitéieren. D'Kellere ginn duerch individuell Späicheren ersat. Dat heescht et gi keng Kellere well do dee ganze Raum gebraucht gëtt fir eis Garagen. Awer uewen um Späicher soll jiddereen en Ofstellraum kréien fir seng eege Bedierfnisser. Et ass uewenop och e grousse Versammlungsraum fir Concerten, Theater, Familljefeieren geplangt. Op den 3. Stack soll och en administrativ-techneschen Deel komme wou eben dee ganzen Deel vun der Gestioun vun der Residenz gemaach gëtt.

D'Haus kritt eng 12-Stonne-Permanence daagsiwwer. Fir de Rescht gëtt en Encadrement gemaach iwwer Kontrakter mat Institutiounen. Der wësst jo, datt och d'Fleegeheem ausgebaut gëtt, an do soll eng Verbindung geschafe gi fir dat kënnen ze realiséieren.

Firwat hate mer de Punkt 8.1. haut schonn op der Dagesuerdnung, obwuel mer eréischt am Joer 2008 ufänken? Dat ass well mer de Promoteur wëllen un de Käschten, déi do um Parking entstinn, bedeelege loossen. Mer hunn och eng Konventioun mat dem Promoteur ausgehandelt wou zum Beispill all déi aner Konditiounen drop sinn, esou och datt d'Leit iwwer 55 Joer al si wann se dra wunne ginn. Do ass och eng finanziell Participatioun vum Promoteur erwaart an och an Aussiicht gestallt ginn. De Promoteur ass averstane fir sech un de Käschten ze bedeelegen . Hien iwwerhëlt integral 23.826 Euro fir d'Kanalisatioun ze verleeën, déi noutwenneg ass duerch dee Bau. E bedeelegt sech awer och mat 25% un de Käschte vum Terrassement, vun der Kanalisatioun, vun dem Réseau, vun de „conduites d'eau" a vun den „travaux de voirie", déi do gemaach ginn. Alles an allem iwwerhëlt de Promoteur 25% vun deenen 330.469 Euro.

Op der aner Säit wëlle mer déi definitiv Baugenehmegung Mëtt August gi well dat nach no deem ale Prinzip vun dem P.A.P. gemaach gëtt. Dee ganze Projet gëtt nach no deem ale Gesetz vun 1937 duerch d'Instanze gedroen an et muss bis August 2006 ofgeschloss sinn, esou datt mer haut den éischte Vote hunn. Da gëtt et ausgehaangen an da wäert deen 2. Vote nach virun der Summervakanz sinn, esou datt mer dat an deem Delai ofgeschloss kréien, deen eis vun dem neie Gesetz operluegt gëtt. Dat wier meng Interventioun zu dësem Projet, engem Projet, deen de Schäfferot begréisst well e mengt, datt e Bedierfnes do ass. Et ass och eng flott Alternativ fir eis eeler Leit fir datt si och am Alter kënnen hei zu Péiteng bleiwen. Et ass eng Privatinitiativ. Mer haten an eisem Walprogramm stoen, mer géifen eegen Initiativen huelen, mee mer géifen och Privatinitiative ënnerstëtzen. Hei ass esou eng Geleeënheet wou mer kënnen eng Privatinitiativ ënnerstëtzen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Als zweet kënnt jo eréischt déi provisoresch Ofstëmmung fir de Bau. Ech hunn d'Konventioun duerchgelies. Si ass zimlech strikt mee se ass gutt esou. Ech hu just eng Fro an deem Ganzen hei. Mer hu jo déi Erfahrung eng Kéier gemaach. All Appartement muss jo e Garage hunn an et sinn der jo och esou vill virgesinn. Gëtt dee Garage un dat Appartement gebonnen. Mer wëssen, datt et eis zu Rolleng geschitt ass. Do hunn d'Leit d'Appartement awer kee Garage kaf. Oder se hunn hire Garage un anerer verkaf, déi dann do erakommen. A mer brauche jo och net ze erklären, wou se den Auto elo histellen. Den Här Buergermeeschter weess dat jo selwer. Déi sti lénks a riets well se hire Garage net geholl hunn. Ass dat hei elo esou virgesinn, datt de Garage un d'Appartement gebonnen ass ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mär kënnen déi Obligatioun net ginn. Mer hunn an eisem Reglement stoen, datt esou vill Garage mussen do sinn. Mee ech sinn awer och der Meenung, datt e Promoteur Interessi drun huet fir seng Garagen ze verkafen. Well et notzt em net vill wann en seng Appartementer verkaf huet a keng Garagen. Ech ginn awer dervun aus, datt de Promoteur seng Garage verkeeft, well soss bleift en op senge Garage setzen an op deem Akommes, deen en doduerch hätt. Mee et ass natierlech kloer, datt, wann een seng Garage net benotzt, en se da weiderverkafe kann. Mee dann ass op d'mannst deen Auto vun der Strooss. Ech stelle fest, datt mer hei eng aner Legislatioun hunn ewéi an der Belsch. Do freet den Notaire – wann e Reglement do ass – ob ee beim Kaf vun engem Appartement eng Garage derbäihuet oder net. Wann net, da gëtt eng Taxe fir d'Gemeng gefrot. Mee dat misst um Niveau vum Notaire gemaach ginn, an net um Niveau vun der Gemeng. Mär kënne just d'Konstruktioun imposéieren. Hei entsti jo 51 Garagen. Wéi se duerno verkaf ginn, dat kënne mer dem Promoteur net virschreiwen. Obwuel ech mer bewosst sinn, datt deen och interesséiert drun ass fir déi ze verkafen. Mer hunn do net all Méiglechkeeten, mee mer kënnen dem Promoteur un d'Häerz leeën, datt e bei all Appartement eng Garage verkeeft.

**Roger Klein (LSAP):**

Den Objet, deen hei virläit, ass en Objet, deen der Zäit an enger Nofro vun eiser Liewenserwaardung entspréicht wou déi eeler Leit engersäits net méi an hirem Haus wëlle bleiwen awer och net an déi klassesch Form vun engem Altersheim wëlle goen. Mee si sichen eng Tëscheform vum Wunnen. Et ass e Projet, deem mer wuel begréissen, mee wou mer et als LSAP besser fonnt hätte wann d'Gemeng dee selwechten Äifer gewisen hätt wéi d'Privatpromoteuren an eise en eegene Projet virgeluegt hätt. Et ass jo hei e zweeten ähnleche Projet, deen an Zäit vun e puer Joer hei presentéiert gëtt. Dat anert war jo an der Ronnwiss, „betreutes Wohnen". Et war jo e P.A.P., dee mer do gestëmmt hunn. Et huet een duerno zwar net méi vill dovunner héieren an ech weess och net, wéi et do weidergaangen ass. Dat hei ass en neie Projet, eng weider Alternativ opgronn vun enger Demande, déi sécherlech ganz grouss ass. Och wa verschidde Kommissiounen - ënner anerem d'Bauten- an d'Ëmwelt-kommissioun - eng Rei Kritiken ubruecht hunn, muss een awer soen, datt een dee Projet awer soll mat ënnerstëtzen. Ech mengen, och Leit, déi 55 Joer oder méi hunn, wëssen „en âme et conscience" wat se kafen. Wann ech hei ronderëm den Dësch kucken, da stellen ech fest, datt déi meescht vun eis d'Konditioune géifen erfëlle fir sech do anzekafen. An dësem Sënn wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun dëse Projet begréissen an em Erfolleg wënschen.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech kann dee Projet do och nëmme begréissen. Nieft dem Fleegeheem hu mer elo mat der Ënnerstëtzung vun zwee privaten Träger Infrastrukturen, déi et eisen eelere Matbierger erlaben, no beim Zentrum en Ënnerdaach ze hunn. Dobäi gëtt de Parking niewendrun, deen an engem schlechten Zoustand ass, och nach erneiert. Dorunner bedeelegt sech de Promoteur jo och nach, wat eis och zegutt kënnt. D'Lag vun de Gemengefinanzen ass net déi bescht, dat wësse mer jo alleguer. Doduerch, datt dat hei jo privat realiséiert gëtt kommen och keng Folgekäschten op eis zou. Ech hunn eng Fro hei derzou. Well et jo relativ no bei der Kor läit an d'Parkingen an de Keller kommen, bestinn do keng Problemer mam Grondwaasser? Ass dat analyséiert ginn?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech si keen Techniker, do misst een de Promoteur oder den Architekt froen. Ech sinn der Meenung, datt haut déi technesch Evolutioun esou grouss ass, datt een do kann eppes maache wou een déi Garantie kritt, déi ee brauch. Wa mer haut ënner dem Mieresbuedem Haiser a Kellere baue wäerte mer et och hei färdegbréngen, eng Situatioun ze schafen, datt kee Waasser erakënnt. Do ass natierlech éischter de Promoteur mat sengen Techniker gefuerdert ewéi d'Gemeng. Mer kënnen hinnen dat awer mat op de Wee ginn.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech wier frou, wann dat géif geléngen, well et gi jo och Stroossentunnelle wou dat net esou ass.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Wat déi ondicht Tunnellen ugeet, dat ass dee selwechte Waasserlaf wéi hei. Ech mengen, dat wier wierklech e Punkt, ob deen ee misst oppasse well jo awer ënner dem Niveau vun der Kor gebaut gëtt. Eng aner Saach ass déi – de Buergermeeschter sot et schonn -, datt d'Leit wësse wat se kafen. Den Här Klein huet dat jo och gesot. Eng aner Saach ass awer, datt d'Kor am Summer net onbedéngt gutt richt an deem Eck. Net datt, wann déi eeler Leit sech am Summer dobaussen ophalen, dat net grad no Rousen do richt. Mee am grousse ganze fannen ech et eng gutt Iddi. Et ass eng Baulück, déi zougemaach gëtt. An ech kann net do dergéint si well et e ganz wichtege Projet ass a mär deen och ënnerstëtzen. Et muss een einfach hoffen, datt dat no alle Regele vun der Konscht ausgefouert gëtt an datt mer net nach eng Kéier hänke gelooss gi wéi dat schonn e puer Mol de Fall war.

**Guy Brecht (LSAP):**

Et ass praktesch alles gesot. Ech wollt och an déi Richtung goe well ech meng Bedenken hat, well den negativen Avis vun der Ëmweltkommissioun virläit. Mee ech sinn der Meenung, datt e puer Saachen, ech wëll net grad soe mat den Hoer erbäigezu sinn. Mee eng Collectrice war och virdrun do.

Ech hunn nach eng Detailfro. Där schwätzt vu 55 Joer wou ee kann dra wunnen. Gëtt do en Ënnerscheed gemaach ob een nach am Aarbechts-prozess ass oder net ?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Nee, mer hunn hei just eng Limite vum Alter. Et muss ee 55 Joer hunn.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Dat hei ass e ganz gudde Projet fir eis Gemeng. Et si schonn e puer esou Projeten am Land, an déi fonctionnéiere ganz gutt. D'Realisatioun vun deem Projet ass eng Saach, d'Gestioun ass awer eng aner Saach. Wann dat duerno esou geréiert gëtt wéi op deenen anere Plazen – esou wéi d'„Résidence Monplaisir" oder zu Esch bei der Badeanstalt -, dann ass dat eng wonnerbar Saach fir eisen Eck. Den CIPA hei niewendru vergréissert an dat ginn esou vill Unitéiten weider, a mat deem heiten Service komen nees esou vill Unitéiten dobäi. An der Ronnwiss zu Rolleng hu mer „betreutes Wohnen". An dëser Spart hu mer gutt Aarbecht geleescht. Net eleng duerch eist Matwierken. Mee ech fannen, datt mer esou Saachen 100-prozenteg sollen ënnerstëtze fir datt op deem Wee eis Leit esou ënnerkommen op esou enger Plaz. Och wann et net ëmmer gutt richt. Mee et richt op ville Plazen net ëmmer gutt, an net nëmmen am Summer bei der Kor. An et wunnen jo awer och nach aner Leit elo do, an déi beschwéieren sech net. Ech fannen, datt et eng gutt Saach ass a mer dee Projet sollten ënnerstëtzen.

**Convention approuvée avec 12 voix, M. Breyer ayant quitté la salle.**

**Accord du P.A.P. avec 11 voix, MM Breyer et Brecht ayant quitté la salle.**

## 8.3.

### Urbanisation.

### Projet d'aménagement particulier pour l'implantation d'une zone d'activités économiques au lieu-dit «Au Grand-Bis» à Rodange - approbation.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

De Punkt 8.3. hate mer de 24. Februar 2006 op der Dagesuerdnung a mer haten eng provisoresch Approbatioun gemaach zum PAP wat d'„implantation d'une zone d'activités économiques" um Grand-Bis ubelaangt. Mer haten dës aushänke vum 6. Mäerz 2006 bis de 4. Abrëll 2006. Bis de 4. Abrëll ass keng Reklamatioun erakomm, esou datt ech eech géif virschloen, dëse P.A.P. definitiv ze stëmmen an dat en da kéint op den offizielle Wee goen an d'Commodo-Incommodo-Prozedur zu Rodange kann ufänken.

**Accord avec 12 voix, M. Brecht ayant quitté la salle.**

## 8.4.

### Urbanisation.

### Projet de modification partielle de la partie graphique du plan d'aménagement général concernant le reclassement en «terrain réservé» des sites du «Centre intégré pour personnes âgées» (CIPA) et de l'école de musique à Pétange – approbation provisoire.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der gesidd, mer si mat PAPen a mat Altersstrukture befaasst. Hei geet et drëm fir datt den CIPA ka realiséiert ginn. Den Terrain, wou elo de Bauerenhaff ass a wou och nach zum Deel Wunnénge stinn, soll reklasséiert ginn als „terrain réservé" fir datt mer och kënnen de PAP maachen, deen noutwenneg ass laut „commission d'aménagement" an dësem Beräich. Mer sollen haut also iwwer d'Ëm-klasséierung vum Terrain, wou d'Vergréisserung vum Péitenger Fleegeheem soll kommen, diskutéieren an ofstëmmen. D'Musekschoul ass och mat dran.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Vläicht nëmme fir z'erklären, datt den „terrain réservé" nëmme fir ëffentlech Zwecker ass oder privat fir „utilité publique" genotzt gëtt. Et kann een also keng Privathaiser dropstellen.

**Accord avec 12 voix, M. Brecht ayant quitté la salle.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Hei soll och nach gesot ginn, datt mer an der 3. Woch vum Mee eng Informatiounsversammlung ass. Mer si vum Gesetz dozou ugehalen, esou eng Versammlung ze maachen. Si ass de 16. Mee um 18 Auer. Déi ass virgesi fir d'Leit unzehéieren an d'Leit ze informéieren, esou wéi dat an der neier Gesetzgebung virgesinn ass. Well deen hei PAP gëtt no deem neie Gesetz ëmklasséiert.

## 9.

### Sports et loisirs.

### Piscine de Rodange : convention de dépôt et d'approvisionnement de distributeurs automatiques de boissons et de snacks avec la société Dianalux de Howald - approbation.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Et dréint sech hei ëm Apparater mat Gedrénks. Der wësst, datt mer am Ufank am PiKo eng Konventioun mat engem Verdreiwer ënnerschriwwen haten, deen eis all Mount vill Sue gefrot huet fir de Loyer. Och mam Fëlle vun den Apparater huet dat net esou geklappt, wéi mer eis dat virgestallt haten. Dee Kontrakt ass elo ofgelaf well en nëmmen op ee Joer gaange ass. Mer hunn elo eng nei Firma fonnt, an zwar d'„Société Dianalux" vum Houwald. Déi hunn eis eng besser Offerte gemaach. Se setzen eis 3 Apparater gratis dohinner, esou datt mer kee Loyer musse bezuelen. Ee fir d'Snacken, déi aner fir d'Gedrénks. Een Apparat fir d'Gedrénks steet awer nëmme iwwer d'Summerméint do. Si sinn och verantwortlech fir d'Apparater mat Saachen ze fëllen déi et am Beräich vun de Snacker gëtt. Mer kréien dat och nach bezuelt. 0,10 Euro fir d'Gedrénks an 0,20 Euro pro Snack.

Dee Kontrakt leeft och op ee Joer, mee e ka verlängert ginn. Ech wollt froe fir dës Konventioun verlängert ze kréien.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech wollt den Ëmweltschäffe froen, a wéi enge Behälter d'Gedrénks agefëllt ass. Sinn dat Béchsen, Plastik- oder Glasfläschen?

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Esou wäit wéi ech informéiert si sinn dat déi Apparater, wou een op e Knäppchen dréckt an de Kaffi dann erauskënnt. Ech ka mer virstellen, datt dat Plastikbechere sinn. An eisen 2 Buvetten hu mer dat alles fir ze verkafen. Do gi Béchse verkaf.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Firwat kënnen dann net och d'Snacks an der Buvette verkaf ginn?

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Dat ass eng Fro vu Personal. Hei kréie mer Apparater gratis dohinnergestallt a wou de Service gemaach gëtt vu Leit vu baussen. A mer kréien och nach Suen derbäi. Dee Fonctionnement, dee mer bis elo hate war jo negativ a mer hunn nach e Loyer derbäi misste bezuelen. Dat hei kascht eis guer näischt. Et gëtt Kontroll gemaach an opgefëllt. Mer waren am Schäfferot der Meenung, datt dat hei dee richtege Wee wier.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Wann et just fir ze spueren ass, da bréichte mer déi Leit aus der Buvette jo och net a mer kéinten Apparater dohinner stelle fir kaalt Gedrénks.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Déi Leit an de Buvetten hunn eng aner Fonctioun. Et gëtt och Alkohol zerwéiert. An natierlech fonctionnéiert déi Buvette dernieft. Dat hei sinn Apparater an ech ka mer net virstellen, datt, wann 1.000 Leit an der Schwämm sinn, een Apparat duergeet fir d'Leit alleguer ze zerwéieren. Ech ka mer gutt virstellen, datt deen Apparat da ganz séier eidel wier an déi Firma dann all puer Stonne misst komme fir nozefëllen. Et ass och wichteg, datt mer eis Buvette hunn. Do gi jo och Bréidercher verkaf, déi frësch preparéiert gi mat verschidden Zorten Zaloten. Do kritt een drop wat ee gären hätt. Dat ass en Service, deen zënter 14 Deeg fonctionnéiert an dat geet ganz gutt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et muss een derbäi soen, datt déi Automaten do si wann d'Buvette zou ass. Moies, wann nëmmen e puer Leit do sinn, ass d'Buvette zou an da soll ee kënnen op Automaten zeréckgräifen. Fir de Rescht soll een natierlech kucke fir dat an der Buvette ze verkafen. Dat ass och vill méi perséinlech wann een do eppes zerwéiere kann. An da gëtt jo och de Benefice méi grouss. D'Automate sinn also geduecht fir dann, wann et sech net méi rentéiert fir do eng Persoun an d'Buvette ze stelle fir just nëmmen 2 Colaen ze zerwéieren an 3 Stonnen.

Am Summer, wann décke Betrib ass, musse mer natierlech versichen, eis Marge ze verbesseren. Eis Marge ass minimal. Dat heescht, wa mer gutt fonctionnéieren am Summer, da kënne mer méi eng grouss Marge kréie wa mer d'Produiten an der Buvette verkafen ewéi an den Apparaten.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Bon, ech kann net mat der Approche averstane sinn. Ech war jo deen, deen de Kontrakt an de Schäfferot bruecht huet. Ech kann och net averstane si wann ee seet, de Loyer wier ze héich an elo kréich een alles gratis. Dat stëmmt optesch esou, mee praktesch net. Ech mengen, wann ech den Akaf vun enger Béchs huelen oder vun iergendengem Produkt, an ech kréien 0,2 Euro, dann ass de Loyer do mat dran. Déi Firma kënnt jo net heihinner gratis Apparater ariichten wéinst eise schéine Gesiichter. Also ech gesinn dat do méi, datt et eng ganz schlecht Gérance war. An dat hunn ech schonn deemools gesot. Ech war dunn an der Verantwortung an ech muss haut d'Verantwortung huelen, dat elo ze soen. Du muss einfach gesi wa Saachen ofgelaf sinn, wann zevill bestallt gouf a wa Saachen ewechgehäit ginn. Ech hu gefrot, wéi se dat opschreiwen a krut gesot, dat géif einfach ewechgehäit. Da kann ee duerno kee Kont maachen a soen, dat hei oder dat do war ze deier.

Eng Testphas ass jo eng Phas, wou ee soll reagéieren. Da muss een och all Komponent kucken. Dat do ass d'„solution de la facilité" a mengen An. Do gëtt gesot, datt mer näischt méi dermat ze doen hunn. Mer kréien dat elo, mer hu kee Loyer ze bezuelen an esou virun. Awer ob dat do déi richteg Argumentatioun ass? Well ech maachen déi nächst Kéier eng Fro an dann hätt ech gären den Dekont. An och d'Rechnungen, wat akaf gouf a wa erakoum. An da fannen mer jo eraus wat do lass war. Et ass zevill einfach fir ze soen, datt d'Loyeren ze héich waren a mer elo verkafen an esou vill erakréien. Esou einfach ass et net. Déi Apparater vu Coca-Cola, sinn déi och gekënnegt ginn?

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Hei muss ech d'Personal och e bëssen a Schutz huelen. Et ass een Apparat, deen einfach net zum Fonctionnéiere komm ass. Dee steet elo esou vill Méint an engem Eck a mär bezuelen awer Loyer drop. Dat kann et jo net sinn.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Mer hunn och Saache gelount fir weider ze verlounen, an déi leien haut nach am Keller an se stinn och nach net do. Se ginn emol net gewisen. Zum Beispill d'Buedmäntel, hei oder do. Et muss een d'Saach bei der Wuerzel upaken an net iwwerflächlech eppes dermat maache wou ee keng Aarbecht méi dermat huet. Nëmmen dat Argument geet net duer.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wa mer deen Dekont virleeën, da kann een och feststellen, datt an deenen Automate quasi näischt kaf gouf. Dat war och ee vun de grousse Problemer. De Konkurrent steet jo do mat de Buvetten. Wa vill Leit do sinn, dann hätte mer gären, datt se an d'Buvette ginn. Si setzen sech och éischter op d'Terrass an drénken do eppes. An am Wanter, wann d'Buvette moies zou ass an d'Automaten do sinn, dann hëlt bal keen eppes eraus. Dat kann eng vun den Uersaache si firwat dat Geschäft net esou gutt leeft. Mär sollen d'Leit op eis Buvette leeden an op d'Automaten zeréckgräifen an engem extreme Fall wann et sech net rentéiert Personal an der Buvette ze hunn. An da muss ee kucken – mer ju jo elo schonn emol e Kontrakt vun engem Joer gemaach -, wéi deen och nach op seng Käschte kënnt mat den Automaten. An ob deen och nach no engem Joer stall hält wann net méi Ëmsaz ass wéi dat an de leschten 8 Méint de Fall war.

**Romain Rosenfeld (CSV).**

Ech géif soen, e wier de Fehler vun den Automate fir Personal ze spueren an net ëmgedréint. D'Automaten ofzeschafe fir datt d'Personal kann do sinn, dat ass d'Iwwerleeung, déi muss kommen. Wann ech eng Buvette an an 8 Stonnen eng Recette vu 25 Euro hunn, da muss ech dann ebe meng Buvette ewech loossen. No engem Joer muss ech wëssen, wéivill Leit a meng Buvette kommen. A wann dann eng Kéier e puer Leit méi do sinn, da mussen déi och un d'Apparate goen. Dat ass fir mech d'Iwwerleeung. D'Apparater solle Leit aspueren an et soll een net d'Apparater ofschafe fir Personal schaffen ze doen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mee mer huelen se net ewech. Dat soll ee maachen a kucken, wat an den Apparater erakomm ass. Dat ass net ganz déck. Dat ass eben doduerch, datt, wa vill Leit do sinn, déi an d'Buvette ginn an sech dohinner setzen.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Da gi mer zeréck op Säit 26, wou mer eng „Recette buvette piscine Rodange“ hunn a wou mer 2 Mol dee selwechten Artikel hunn. Virun engem Mount hate mer jo schonn en Ziedel mat de Recetten. Do komme mer awer op 5.600 Euro an der Buvette. A bei den Automate komme mer op 4.444 Euro. Dat ass awer an engem Mount. Well dee Mount virdru stounge jo d'Recette vu virdrun. Ech fannen awer, datt dat vill ass. Et misst een d'Sitzung vum 23. kucken an dat klären.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also e gutt Geschäft, wou mer och ëmsetzen, dat ass am Summer wann 1.000 Leit do sinn. Wann ee samschdes moies an d'Schwämm geet, dann däerf een sech keng Illusioune maache well do sinn déi mannst, déi do an d'Buvette ginn an um 11 Auer eppes drénken. Am Summer si Geschäfter ze maachen. Déi nächste Kéier kommen d'Chifferen dann.

**Accord avec 11 voix et 2 abstentions (MM Rosenfeld et Becker).**

## 10.

### Transports et communications.

**Règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.**

**Roland Breyer, Schäffen:**

Mer hunn hei e klengt Reglement ze bestätegen. Der wësst, datt mer an der rue du Chemin de Fer e Schantjen um Site vum fréieren Dépot Schinker hunn. Do wollten se d'Fondatioun e bësse kläre well do huet e „risque d'effondrement“ bestane bei zwee Haiser, déi nach do stinn. D'Leit hu missten kuerz délogéiert gi well et gereent huet a well do e Risiko bestoung, datt déi zwee Haiser kéinten zesummefalen. Mär hunn am Fong geholl näischt domat ze doen, dat hei ass nëmmen d'Uersaach. Et heescht elo eng Ofspäerung laanscht déi Haiser ze maachen. Doduerch gëtt de Verkéier an der rue du Chemin de Fer ageengt an e gëtt och duerch „signaux de priorité“ geregelt. Dat ass am Prinzip fir e Mount geduecht an da misst déi Saach an der Rei sinn. Entweder ass et net esou schro wéi et ausgesouch – wat jo och ze hoffen ass - an da gëtt alles opgehuewen. Wann déi Haiser mussen ofgerappt ginn, da muss dat nach verlängert ginn. Et ass eng präventiv Saach bis do Kloerheet besteet.

**Camille Bosseler (CSV):**

Wier elo net d'Zäit gewiescht, well d'Strooss dann zou ass, fir déi Kéier méi grouss ze maachen?

**Roland Breyer, Schäffen:**

D'Strooss ass net zou, se gëtt just e bëssen ageengt. Dat zweet gehéiert an de Kader vum Reamenagement vun der avenue de la Gare. Do sinn d'Konventiounen nach net kloer. De Prinzip ass an der Rei, datt d'Eisebunn eis do eppes oftrëtt. Do muss awer nach e ganze Koup gemaach ginn an dat dauert bis un d'Enn vum Joer.

**Accord à l'unanimité.**

**Guy Brecht (LSAP):**

Ech wollt just eppes zu der Athuser Strooss soe wou dee grousse Schantjen amgaang ass. Wéi der gesidd, sinn se op der Kräizung ukomm an dat ass ganz geféierlech do. An de Spëtzestonnen – tëscht 5 a 7 Auer – do weess keen, wéini e ka fueren a wéini net. Do si chaotesch Zoustänn. Den Här Breyer weess dat och wann e vun uewen erofkënnt. D'hallef Zäit kënnt een do net eraus well d'Kräizung zougestallt ass. Wier et net besser, esou laang se do schaffen, et géing een d'Kräizung fir de Verkéier ganz zou maachen an net méi mat roude Luuchten regelen?

**Roland Breyer, Schäffen:**

Ech hu mer dat do de Moien och nach eng Kéier ugekuckt. Mer hunn et jo de Moment esou gemaach, datt bis halwer 5 de Schantje gespaart an en duerno nees op ass. Et ass effektiv oniwwersiichtlech op der Kräizung an et muss ee luusse goe well een dee vun der Athuser Strooss kënnt net gesäit. Fréier hues du e gesinn. Elo musst de luussen ëm den Eck. Wa mer zoumaachen , da wësse mer, datt mer méi an den Zentrum kréie well de Contournement jo net richteg fonctionnéiert. Mer kënnen och nëmmen an enger Richtung opzeloossen. Owes an der Direktoun vun Athus a moies deen anere Wee. Also baussent deene Stonne wou zou ass. Also mueres bis 9 Auer vun Athus op Péiteng an owes vun halwer 5 Auer un vu Péiteng a Richtung Athus.

Ech wollt dat nach eng Kéier mam Service kucken. Fir mar de Mueren hunn ech den zoustännege Beamte geruff a mer kucken emol, wat mer do nach kënne maachen. Iergendwéi soll do eppes geschéien.

**Guy Brecht (LSAP):**

Ech hunn awer nach eng Fro zu der Millen. D'Leit musse jo hiren Auto dohinner stellen. Déi meescht Leit op jiddfer Fall. Do misst awer gekuckt ginn, datt dat eng Kéier amenagéiert gëtt well et do ganz schro ausgesäit bei deem ale rouden Haus. Do läit ganz vill Glas an esou weider.

## 11.1.

### Vie associative.

**«Taijiquan Club de la commune de Pétange» - statuts.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Hei ass e Veräin, deen Statuter eraginn huet an déi mer sollen aktéieren. Der fannt d'Statuter an den Ënnerlagen. Et läit och eng kleng Beschreiwung derbäi.

**Carlo Gira (CSV):**

E gëtt zwar gären als Club opgeholl, mee wann ech awer do op der leschter Säit kucken, dann ass do eng Dame, déi gäre Sue verdingt. Oder wéi verstinn ech dat?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also mer huelen se erop, mee se kréie jo kee Subsid.

**Roger Klein (LSAP):**

An dësem Fall ënnerstëtzen ech de Schäfferot mat senger Propositioun fir Acte ze huelen. Mee mer kënnen net einfach nëmmen higoen a soen, datt et schonn e Club fir Kampfsport an der Gemeng gëtt. Et ginn esou vill verschidde Varianten am Kampfsport an e läit elo grad am Trend. Ech ginn emol dervun aus, datt dat, wat hei beim Taijiquan gemaach gëtt, sech méi ënnerscheed wéi de Fiederball vum Rugby. Wa mer iwwer Ballspiller schwätzen, da soe mer jo och net zu engem, dee Fiederball wëll spillen, e soll Rugby spille well schonn e Club an der Gemeng besteet. Dat heescht, mer missten einfach eng Gesamtiwwerleeung kréie wat d'Veräiner all ugeet. Et gëtt dat schonn am grousse Sënn an der Gemeng. Mer sollte méi kucken, wat vun ëffentlechem Interessen ass a wat eng Beräicherung fir déi ganz Gemeng a fir d'Awunner duerstellt. Och wa mer hei e Fall hunn – wéi et schonn hei gesot gouf –, wou e Veräi Coursen ubitt an deen sech einfach als Veräi konstituéiert. Wann dëse Veräin als éischte Veräin Kampfsport ugebueden hätt, dann hätte mer deen unerkannt als subsidiéierte Veräin an dann hätte mer dem Karate-Club gesot, et géif schonn esou e Club an se sollten all dodra goen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt all déi Kampfsportvarianten an enger Daachfederatioun ënnerbruecht sinn. Hei ass et esou, datt déi eenzel Sportaarten sech wesentlech vuneneen ënnerscheeden. Mer se sinn awer an engem Daachverband. Mer riskéieren, wa mer se all eenzel ophuelen, der 6 oder 7 heihinner kréien. Beim 50. Anniversaire vun der Federa-

tioun hat ech gesinn, wéivill däer Sportaarten et ginn. An dat sinn der vill. Et ass sécher eng Iwwerleeung wäert a mer musse kucken, wéi mer dat do kënnen an eist Reglement abanne fir eng aner Terminologie ze kréien. Obwuel et och e bësse subjektiv ass wann ee seet am Interesse vun der Gemeng. Da riskéiert een nees eng Kéier an d'Subjektivitéit ze falen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et ass mer opgefall, datt déi Statuten net an der Rei si well keen „siège social" do ass. D'Statute sinn net a ginn och net enregistréiert well keen do ass. Mer kënnen also nëmmen aktéieren.

**Il en est pris acte des statuts.**

## 11.2.

**Vie associative.**

**«Association du chien de compagnie Luxembourg» - dissolution.**

**Il en est pris acte de la dissolution.**

## 12.

**Questions des conseillers communaux.**

Néant

# Séance publique du 29 mai 2006

***Durée de la séance:*** *9.30 à 11.30 heures*

| **Présents:** | |
|---|---|
| Camille Bosseler, conseiller (CSV) | Guy Brecht, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 4.1. inclus) |
| Roland Breyer, échevin (CSV) | Victor Filaferro, conseiller (LSAP) |
| Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV) | Lily Gansen, conseiller (LSAP) |
| Carlo Gira, conseiller (CSV) | Roger Klein, conseiller (LSAP) |
| Pierre Mellina, bourgmestre (CSV) | Jeannot Linden, conseiller (LSAP) |
| John Polfer, conseiller (CSV) | Norbert Pierre, conseiller (LSAP) |
| Romain Rosenfeld, conseiller (CSV) | |
| | Romain Becker, conseiller (Déi Gréng) |
| Welter Gilbert, échevin (DP) | |
| **Absents et excusés:** | |
| / | / |

# ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Titres de recettes: déclarations diverses - approbation.
   - 2.2. Litige en matière de paiement de loyers dus à la commune : autorisation d'ester en justice – décision.
3. Propriétés: vente, aux « Anciens Etablissements Holcher & Conzemius » de Rodange, d'un terrain industriel sis à Rodange, rue de l'Industrie-décision de principe.
4. Personnel
   - 4.1. Promotion de Mme Majeres Sylvie épouse Stefani aux fonctions d'inspecteur principal premier en rang - décision.
   - 4.2. Promotion de Mme Feller Sylvie aux fonctions d'inspecteur principal - décision.
   - 4.3. Promotion de M. Wagner Guy aux fonctions d'inspecteur principal - décision.
   - 4.4. Promotion de M. Wagner Patrick aux fonctions de premier commis technique principal – décision.
5. Enseignement
   - 5.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
   - 5.2. Démission volontaire de Mme Wilgé Jeanne, institutrice de l'enseignement primaire - décision.
   - 5.3. Démission volontaire de M. Cloos Marcel, instituteur de l'enseignement spécial - décision.
   - 5.4. Organisation scolaire de 2006/2007 : répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales – décision.
6. Prévisions sociales : aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes des inondations en Europe de l'Est – décision.
7. Urbanisation
   - 7.1. Projet de modification du plan d'aménagement général et projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue d'Athus, présentés par M. Guy Arend pour l'agrandissement de son entreprise agricole (construction d'une étable) – approbation définitive.

7.2. Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, lieu-dit « Oberst Daessent », présenté par Edico s.a. de Mondercange pour la construction d'un ensemble résidentiel: approbation de la convention conclue avec le promoteur - approbation provisoire du projet.

8. Cultes : fabrique d'église de Pétange – prise en charge du déficit du budget prévisionnel de l'exercice 2006 – décision.

9. Questions des conseillers communaux.

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech begréissen eech all zur Gemengerotssëtzung vum 29. Mee 2006. Mer wollten eech als Schäfferot zwou Informatioune ginn. Déi eng ginn ech eech, déi aner den Här Breyer.

Esou wéi mer dat och scho bei der Europameeschterschaft am Fussball gemaach hu wëllen mer et och elo fir d'Weltmeeschterschaft maachen, an zwar wollte mer virun dem Stadhaus déi kleng an déi grouss Finale op engem groussen Ecran presentéieren. Animatioun ass och derbäi, d'Veräiner hëllefen do mat. Mer wëllen also e flott Fussballfest an eiser Gemeng.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Der hutt alleguer eng Invitatioun kritt fir d'Porte ouverte vum Siach de 16. Juni 2006. Dat ass haaptsächlech geduecht fir déi 4 Gemengen, déi do Member sinn an alleguer déi, déi mat de Gemengen ze doen hunn. Et ass keng fir de Public, mee fir d'Politiker an d'Employéen, d'Fonctionnairen an d'Aarbechter vun de Gemengen. Wann der wëllt dohinner goen, da mellt eech awer w.e.g. un oder bei mär duerno. De Rendez-vous fir d'Politiker ass 17.30 Auer.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech wosst näischt dovunner, datt en Auto um Siach geklaut gouf. Wéi ass dat geschitt? War do e Schlëssel drop, ass e kuerzgeschloss ginn? Wou sinn se erausgefuer? War d'Barrière op?

**Roland Breyer, Schäffen:**

Et ass esou, datt kuerz virdrun och Schlëssele verschwonne ware vun engem CAT, dee mer agestallt haten. Et huet sech awer duerno erausgestallt, datt do keen Zesummenhang bestéing. Wéinst dem Plazmanktem um Siach kënnt jo och elo eng Erweiderung, esou datt mer d'Gefierer praktesch all dobausse stoen hunn. Mer hu keng Garagen. Déi Ween sinn alleguer zougespaart. Beim geklaute Won huet et sech ëm eng kleng Camionnette gehandelt mat engem klengen Atelier. Se hunn hanner der Tribune beim Terrain den Droht grouss opgeschnidden. Do sinn se erakomm. Se hunn dësen Auto fonnt, kuerzgeschloss a sinn do erëm erausgefuer. Se hunn nach de Girophare am Droht verluer. Den Auto gouf net méi fonnt. Do si Saachen dran, déi net all Owend kënnen erausgeholl ginn. Dat ass en Atelier, dee mat erausfiert fir ze botzen.

Et si Späeren dran a mer hunn och en Alarm. Mer hunn och vun den Assurance eppes kritt, mee et geet net duer fir de Schued ze ersetzen.

## 2.1.

### Administration générale.

**Titres de recettes : déclarations diverses – approbation.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der hutt all déi eenzel Recetten an den Ënnerlagen opgezielt, an de Total beleeft sech op 790.422,34 Euro. En Deel geet nach op d'Joer 2005, de Rescht op d'Joer 2006.

**Approbation à l'unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

**Autorisation d'ester en justice – commune contre le locataire de la maison communale sise à Pétange, rue de la Liberté 11.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech géif eech virschloen, dee Punkt vun der Dagesuerdnung erofzehuele well déi Persoun de Weekend gestuerwen ass. De „bulletin d'enterrement" läit hei vir. Ech géif eech bieden, dann elo doriwwer ofzestëmmen.

**Proposition d'enlever ce point de l'ordre du jour approuvée à l'unanimité.**

## 3.

### Propriétés.

**Vente, aux '«Anciens Etablissements Holcher & Conzemius sàrl», de Rodange, d'un terrain industriel sis à Rodange, rue de l'Industrie – décision de principe.**

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Den Här Mertes war scho viru méi laanger Zäit un eis erugetruede fir e Stéck Terrain ze kréie well en säi Betrib gär géing vergréisseren. Mer sinn eis eens ginn zu engem Präis vun 12.500 Euro den Ar. Dat wieren am Total 65.625 Euro fir dee ganzen Terrain, deen hien do keeft. Mer hunn den 12. Abrëll 2006 de Compromis ënnerschriwwen a leeën eech dee vir, esou datt der deen och kéint mat eis stëmmen.

**Roger Klein (LSAP):**

Zwee Gedanken dozou. Et misst ee präziséieren, datt dee Betrib dann elo ob belschen Terrain geet. En huet da 5 Ar vun eis kritt an en huet jo awer och hannendrun e relativ groussen Terrain. Hei ass just nach en Dräieck, deen tëscht sengem Terrain an dem Recyclingzenter läit. Wat jo am Fong geholl ze bedaueren ass well et e Betrib ass, deen hei an der Gemeng war an deen dann elo an d'Ausland geet well mer net prett si fir em en Terrain hei am Land ze ginn. Déi 5 Ar retten d'Saach net a kënnen och net driwwer ewechtäuschen, datt de Betrib sech elo an der Belsch etabléiert.

Eng zweet Saach nach. Deen Terrain hu mer jo 1994 vun der Arbed kaf. Wann ech mech gutt erënneren hu mer deemools 120 Ar kaf. Mer hunn den Opfangparking an eise Recyclingpark drop gemaach. Wann ech de Präis nach gutt an Erënnerung hunn, dann hate mer deemools déi 120 Ar fir 164.000 Euro kaf, a wa mer elo 5 Ar fir 65.625 Euro kënne verkafen, dann hu mer jo e schéine Méiwäert erreecht doduerch datt mer Propriétaire dovunner gi sinn.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Do kënnt der Recht hunn. Wou ech awer net ka mat eech averstane sinn ass dat de Betrib sech an d'Ausland, an d'Belsch deplacéiert. Op dee Site do kënnt d'Administratioun vun deem Betrib an e bleift an eiser Gemeng. Dat war de Wonsch an och eng Uersaach firwat mer deen Terrain ofginn hunn.

**Guy Brecht (LSAP):**

Dat heescht jo, datt d'Atelieren an der rue Fontaine d'Olière bleiwen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Nee, d'Administratioun kënnt op Lëtzebuerger Terrain an d'Atelieren op belschen Terrain.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

### Personnel.

**Promotion de Mme Sylvie Majeres, épouse Stefani, aux fonctions d'inspecteur principal premier en rang – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

### Personnel.

**Promotion de Mme Sylvie Feller aux fonctions d'inspecteur principal – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 4.3.

### Personnel.

**Promotion de M. Guy Wagner aux fonctions d'inspecteur principal – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 4.4.

### Personnel.

**Promotion de M. Patrick Wagner aux fonctions de premier commis technique principal – décision.**

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

### Enseignement.

**Contrats de travail signés avec le personnel suppléant des écoles communales – ratification.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Da komme mer zu de Kontrakter, déi de Schäfferot gemaach huet mat dem Léierpersonal wann ee krank oder fort war. Et geet elo dorëm, déi Kontrakter ze ratifizéieren.

**Lily Gansen (LSAP):**

Et steet ëmmer den Ufank do, wann d'Léierpersonal krank ass, mee keen Enn. Wat ass d'Uersaach heifir?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et ass esou, datt den Ufank an de Kontrakt stoe kënnt, mee well ee jo net 100prozenteg weess, wéi laang et kann daueren, gouf gesot, datt just den Ufank drastoe kënnt.

**Lily Gansen (LSAP):**

Dat ass an der Rei. Mä ech wollt just wëssen, wéi laang déi Kranmeldungen daueren. Well kuckt emol, deen ee gëtt de 15. krank, dann nees den 18. an dann den 23. Ech hunn elo dat einfach aus der Loft gegraff. Mee wann een dat esou kuckt, da freet een sech wierklech wéi laang datt dat dauert. Sinn se wierklech krank oder sinn emol e bësse krank?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et ass een derbäi, dee méi laang krank ass. Do maache mer Kontrakter mat méi Leit, well se net alleguer ëmmer disponibel si fir ersetzen ze goen. Do ass emol ganz sécher een derbäi, dee bis un d'Enn vum Joer krank gemelt ass. En ass operéiert ginn. Et sinn der och derbäi, déi e „congé politique" hunn an déi vun Zäit zu Zäit net do sinn. Et sinn der natierlech derbäi, déi eenzel Krankmeldungen hunn.

**Lily Gansen (LSAP):**

Et ass eben dat, wat mech interesséiert huet. Well ëmmer en Ufank do ass, mee wéi fonctionnéiert dat dann do bannendran?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mer kënnen eech awer och eng Kéier den Detail gi wéi laang déi eenzel Leit krank sinn. Dat gëtt zwar e bësse méi komplizéiert, mee mer kënnen dat awer och bei Geleeënheet maachen.

**Lily Gansen (LSAP):**

Jo, bei Geleeënheet. Et ass net fir ze kucke wee krank ass, mee et schéngt mer esou no beieneen ze sinn.

**Ratification avec 14 voix, M Klein ayant quitté la salle.**

## 5.2.

### Enseignement.

**Démission volontaire de Mme Jeanne Wilgé, institutrice de l'enseignement primaire – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

D'Madame Wilgé Jeanne ass den 19. August 1968 als Schouljoffer an eis Gemeng erakomm an huet vun do un ouni Ënnerbriechung an eiser Gemeng, haaptsächlech an der Park-Schoul, geschafft. Si freet eis dann elo, ob se kann an hir wuel verdéngte Pensioun goen ab 1. Oktober 2006. Ech géif proposéieren, dat ze erlaben a géif och net vergiessen, der Madame Wilgé Merci ze soe fir déi exzellent Déngschter, déi se am Interessi vun eise Kanner geleescht huet.

**Guy Brecht (LSAP):**

Mär wëllen eis selbstverständlech de Wierder vum Här Buergermeeschter uschléissen an der Madame Wilgé eng verdéngten a gutt Pensioun wënschen.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

D'CSV-Sektioun schléisst sech deene Wierder och un an seet der Madame Wilgé villmools Merci fir déi Déngschter, déi se geleescht huet fir eis Kanner. Mer wënschen hir bei gudder Gesondheet nach eng laang Pensioun.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Da géifen Déi Gréng dat selwecht maachen an et wäer och gutt wann den Här Buergermeeschter stellvertriedend fir eis alleguer heibannen der Madame Wilgé eng gutt Pensioun géif wënschen.

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Natierlech schléisst sech d'DP deene Wierder och un. D'Madame Wilgé huet e grousse Merci zegutt well si war vill Joeren hei an der Gemeng an et ass scho wichteg, datt mer hir och eng gutt Pensioun wënschen.

**Accord à l'unanimité.**

**Titre honorifique des fonctions conféré à l'unanimité.**

## 5.3.

### Enseignement.

**Démission volontaire de M. Marcel Closs, instituteur de l'enseigne-ment spécial – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Den Här Cloos Marcel ass am Spezialunterrecht an huet den 30. Juni 1969 ugefaangen am Primärschoul-unterrecht an ass den 11. Juli 1986 an de Spezialunterrecht genannt ginn. Hien huet an all deene Joren exzellent Aarbecht am Interesse vun de Kanner geleescht. Am Numm vum ganze Gemengerot soe mer him Merci fir seng Aarbecht. Den Här Cloos huet awer och eng ganz Rei Initiativen ënnerholl an ech mengen, datt hien an dem Beräich Spezialunterrecht ganz vill Déngschter geleescht huet. En huet de ganze Spezialunterrecht hei zu Péiteng opgebaut an huet um Plang vum „comité de cogestion" an an der

Schoulkommissioun eng gutt Aarbecht gemaach. Dofir soe mer him och Merci. Jiddereen, dee mat him an enger Schoulkommissioun souz konnt feststellen, datt hien an deem Beräich grouss Kompetenzen hat.

**Guy Brecht (LSAP):**

Här Buergermeeschter, där hutt alles gesot wat et heizou ze soe gëtt an d'LSAP-Fraktioun schléisst sech deene Wierder selbstverständlech un.

**Romain Rosenfeld (CSV):**

Wéi de Guy scho gesot huet, ass alles gesot gi wat den Här Cloos un Déngschter geleescht huet. D'CSV-Fraktioun wënscht him eng laang Pensioun bei gudder Gesondheet.

**Accord à l'unanimité.**

**Titre honorifique des fonctions conféré à l'unanimité.**

## 5.4.

### Enseignement.

**Organisation scolaire de 2006/2007: répartition des classes préscolaires, primaires et spéciales – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Am Mee gëtt ëmmer eng Diskussioun iwwer d'Klasseverdeelung gefouert. Dës Klasseverdeelung ass noutwenneg fir Posten op der 2. an 3. Lëscht kënnen auszeschreiwen an datt mer dann déi néideg Léierpersoune kréien fir eise Kanner Unterrecht ze halen. Der hutt d'Zuele virleien an ären Dossieren. Um Niveau vun der Spillschoul stellt ee fest, datt se dat zweet Joer hannereneen – d'lescht Joer war se scho liicht zeréckgaangen – zeréckgeet. Dëst Joer geet se op 372 zeréck, wat e Minus vun 10 Kanner duerstellt par rapport zum nächste Joer. Dat soll awer keng Tendenz sinn, déi bleift. De Prognosen no geet déi Zuel dat nächst Joer nees an d'Luucht. Mer kënne feststellen, datt mer op deem Plang eng gewësse Stabilitéit hunn an der Gemeng. An dofir proposéiere mer eech och eng Stabilitéit um Niveau vun der Klassenzuel.

Zu Rolleng géifen dat mat 55 Kanner an engem Duerchschnëtt vun 18,3 am ganzen 3 Klasse ginn. Zu Rodange mat 141 Kanner an engem Duerchschnëtt vu 17,6 Kanner ginn et 8 Klassen, an zu Péiteng ginn et 11 Klasse mat 176 Kanner an engem Duerchschnëtt vu 16 Kanner. Et kënnt awer derbäi, datt d'Madame Inspekter an de „Comité de cogestion" eis virgeschloen hu fir zu Rolleng en Team teaching ze maache well mer do 55 Kanner mat engem Duerchschnëtt vun 18,3 Kanner an och d'Opfangstrukturen fäerdeg sinn an zu Rodange nach net. Dofir riskéiere mer, hei nach dat eent oder anert Kand derbäi ze kréien. Nieft deenen 3 Léierinne kéim nach 1 Dame, déi elo nach eng hallef Tâche huet, mat hëllefen. Den Team teaching ass jo e Wee, wou de Ministère an Zukunft wëll goen. Dat heescht, datt zu Rolleng 3 Léierinnen an eng hallef Tâche wiere fir do an deene Gruppen ze schaffen.

Zu Rodange ginn et 8 Titulaire fir 8 Klassen. Well mer d'lescht Joer zu Rodange méi en héichen Duerchschnëtt hate gouf do och en halwe Poste geschaf fir den Team teaching. Dee géife mer dëst Joer dann net méi schafe well d'Zuel vun de Kanner an engem ganz akzeptable Beräich läit.

Zu Péiteng, bei 176 Kanner an engem Duerchschnëtt vu 16 Kanner géifen et 11 Klasse mat 11 Titulaire ginn.

Alles an allem géif dat heeschen, datt mer e Gesamtduerchschnëtt vu 16,9 Kanner an der Spillschoul hätten. An der Circulaire vun der Ministesch konnt der liesen, datt si en Duerchschnëtt tëscht 18 an 22 Kanner upeilt, esou datt mer mat 16,9 Kanner ënner deem Duerchschnëtt leien, deen si eis virschléit.

Zu de Primärschoule kann een dat hei soen. D'Zuel vun de Kanner geet liicht erop. D'lescht Joer hate mer 1.199 Kanner – dat ass also dat Schouljoer, wat nach amgaang ass – a mer kéimen dat nächst Joer op 1.207 Kanner, wat der 8 méi sinn. Wat kee ganz grousse Changement ass. Dofir schloe mer och hei vir, 73 Klasse bäizebehalen. Et gëtt natierlech e klenge Changement. Zu Péiteng ass et eng Klass manner an zu Rodange eng méi. De Gesamtduerchschnëtt léich bei 16,5, wat och eng ganz gutt Moyenne ass.

Wann een dat am Detail kuckt, da stellt ee fest, datt zu Rolleng 13 Klasse si mat 205 Kanner an engem Duerchschnëtt vu 15,8. Zu Rodange sinn et 26 Klassen fir 423 Kanner an engem Duerchschnëtt vu 16,3. An zu Péiteng komme mer op 34 Klasse fir 579 Kanner an engem Duerchschnëtt vu genee 17.

Och zu Péiteng géife mer am 4. Schouljoer en Team teaching bäibehalen. Deen hate mer d'lescht Joer agefouert. Do sinn dann och nach 3 Klasse wou nach en halwe Posten derbäikënnt. Dat wier e Pilotprojet, wou och d'Madame Inspekter an de „Comité de cogestion" drop halen, datt e virugefouert gëtt. Och d'Schoulkommissioun huet e positiven Avis dozou ginn, esou datt mer dem Gemengerot virschloen, mat dem Team teaching virunzefueren.

Am Spezialunterrecht stelle mer fest, datt d'Zuel vun de Kanner vun 41 op 25 erofgeet, dat ass e Minus vu 16 Kanner. Et ass awer esou, datt mer domat rechnen, am Laf vum Joer dat eent oder anert Kand bäizekréien. Well der wësst, mer hunn eng „classe d'accueil" – d'lescht Joer hate mer der nach zwou – wou déi Kanner opgeholl ginn, déi nei an d'Land an och an eis Schoule kommen an déi och net direkt an eng normal Klass kënne goen. Si mussen orientéiert ginn, esou datt een net richteg weess, ob, wann et der elo 25 sinn, an enger Woch oder an engem Mount der net méi sinn. Et muss ee prett si fir déi Kanner opzefänke wann se kommen. Am Spezialunterrecht hätte mer nëmme méi eng „classe d'accueil" well mer nëmme ganz wéineg Kanner de Moment hunn. Mer hätten zwou „classes d'attente", zwou „classes d'intégration", 8,5 „classes d'appui". An da kéime mer un d'Propositioune vun eiser Inspektesch fir nach e Posten derbäi ze huele fir Kanner, déi Dyslexie-Problemer hunn. Dat ass e Posten, wou ee muss forméiert ginn, an et ass ee Schoulmeeschter bereet, dat ze maachen, fir an d'Klassen ze goen an déi Kanner ze betreien, déi Problemer hunn. An deem Sënn géife mer eng „classe d'accueil" manner hunn an een Dyslexie-Posten weider, esou datt d'Zuel vun de Posten d'selwecht bleift. Et kann ee grosso modo soen, datt d'Klassenzuel identesch bleift um ganze Plang.

Am Précoce hu mer der 188 ugeschriwwen an et hunn der 142 positiv geäntwert. Dat sinn iwwer 75%. Et kann ee soen, datt 3 vu 4 Kanner an de Précoce ginn an 1 vu 4 Kanner net vun deene Strukture profitéiert. Am ganzen hätte mer 1.746 Kanner an eise Schoulen. Natierlech wann déi Zuelen och confirméiert bleiwe bis de Schoulufank am September. Et kommen der awer sécherlech nach derbäi an et ginn der och nach eventuell fort, well mer hu jo awer e Mouvement an eise Schoulen. D'lescht Joer hate mer der 1.773 Kanner, dat wier e Minus vu 27 Kanner. Am grousse Ganze kënne mer soen, datt mer mat dëser neier Schoulorganisatioun, mat dëser Klasseverdeelung eise Kanner och fir dat nächst Joer déi noutwenneg Konditioune schafen, esou datt se hir Schoul kënnen anstänneg maachen.

An deem Kontext soen ech eisem Schoulservice, awer och dem „Comité de cogestion", der Inspektesch an der Schoulkommissioun, déi ganz vill nei Memberen huet an déi dëst Joer fir

d'éischt bei esou enger Organisatioun dobäi war, Merci. Merci fir d'Mat-aarbecht an de Konsens, dee mer fonnt hunn an der Diskussioun tëscht deenen eenzelne Partner. An ech géif mengen, datt mer am Interessi vun eise Schoulkanner eng ganz anstänneg Klasseverdeelung opgestallt hunn.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, wann elo nach 2 Membere vun eiser Fraktioun sech nach no mär gemelt hunn, da kann ech awer virausschécken, datt dës Schoul-organisatioun eis Zoustëmmung fënnt. Ech schléisse mech och de Wierder un, mat deene mer de Leit Merci soen, déi dorunner geschafft hunn. Vu mär bleift do näischt méi bäizefügen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Un der Schoulorganisatioun ausze-setzen hunn ech näischt, déi war ganz explizit. Dat Eenzegt, wat mech e wéineg opreegt, dat ass, wann ech déi héich Zuel u „redoublants“ gesinn. Zu Rodange am 1. Schouljoer zum Beispill sinn et der 11. Dat ass awer net eleng zu Rodange. Hei zu Péiteng hu mer der am 3. Schouljoer 15 an am 5. Schouljoer 14. Do géif ech awer emol gär wëssen, wéi d'Inspektesch dozou steet. Well dat ass eng Fro, déi bestëmmt an der leschter Schoul-kommissioun vun der Inspektesch ugeschwat gouf.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Mer haten effektiv déi Iwwerleeungen an der Schoulkommissioun gemaach. D'Inspektesch huet gesot, datt dat en normale Phenomen ass. Et ass net nëmmen eng Problematik an der Péitenger Gemeng mee landeswäit. An dofir géif och an der neier Schoul e Gesetz virgesi gi fir Zyklen ze schafen, esou datt ee kéint dat 1. an 2. Schouljoer an 3 Joer maachen. Domat géif een deene Kanner, déi net esou gutt virukommen, eng Méiglechkeet ginn, fir dat op eng net esou straff Manéier ze maachen. Et huet eis och gestéiert esou eng héich Zuel ze gesinn. A well et landeswäit e Problem duerstellt goufen och am Ministère déi Iwwerleeunge gestallt fir esou Zyklen ze schafen an domat deene Kanner d'Chance ze ginn, dat 1. an 2., dat 3. a 4. an och dat 5. a 6. Schouljoer jeweils an engem Zyklus vun all Kéier 3 Joer ze maachen.

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Ass dann och virgesinn, datt déi dann e bësse méi spéit an d'Beruffsliewen antriede well déi si jo dann och méi spéit mat der Primärschoul fäerdeg. Wéi ass dat da virgesi wann se alles däerfen an 3 Joer maachen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Et soll virgesi sinn – d'Gesetz ass um Instanzewee, mee dee leschte Schlaff ass nach net gemaach -, datt ee kann en Zyklus an 3 Joer maachen. Mee et ass net virgesinn, datt all Kand all Zyklus an 3 Joer mécht. Et geet een dervun aus, datt, wann e Kand dat 1. an 2. Schouljoer an engem Zyklus vun 3 Joer mécht, datt et dann déi aner Schouljoren an 2 Joer mécht ewéi dat normal ass. Dat heescht, datt een da maximal 7 Joer an enger Primärschoul ass. Mer stellen awer fest, ouni datt deen Zyklus schonn agefouert gouf, datt bei eis ganz vill Kanner no dem 5. Schouljoer an de Modulaire wiesselen an emol dat 6. Schouljoer fäerdeg maache well se net méi den Alter hu fir an der Primärschoul ze bleiwen. Dat ass e Phenomen, deen haut schonn existéiert. Et muss een sech froen u wat dat hänkt. Sécherlech ass et net dowéinst, datt d'Ufuerderunge vun der Schoul méi héich si wéi fréier. Ech gleewen net, datt dat de Fall ass. Mee do si wahrscheinlech aner Uersaachen, familiär Uersaachen zum Deel an och vläicht Iwwerfuerderunge vu Kanner. Ob jiddfer Fall ass d'Tatsaach do, datt mer vill Redoublanten hunn an datt de Ministère sech schonn zum Deel domat ofginn huet. Dofir hunn se deen Zyklus agefouert a fir datt dem Kand d'Impressioun 'ech si sëtze bliwwen' geholl gëtt an ee seet, datt et säin 1. an 2. Schouljoer an 3 Joer maache kann. Dann ass net den negativen Effekt vum Sëtzebleiwen do, mee d'Tatsaach, datt d'Kanner awer 7 oder 8 Joer an der Primärschoul sëtzen ass do.

**Lily Gansen (LSAP):**

Eise Fraktiounschef huet jo gesot, mer wieren all averstanen. An en huet och 100% Recht. Ech wollt awer trotzdeem froen, ob déi Dyslexie-Course schonn an aner Gemenge gemaach ginn an ob dat fonctionnéiert? Well ech kennen nämlech Leit, déi dyslexesch Kanner hunn an déi schrecklech gehäit sinn. Déi eng hunn se an d'Waldorf-Schoul ginn, déi aner hei an do platzéiert well et zu Lëtzebuerg keng Strukture gi fir déi Kanner esou wäit wéi méiglech ze integréieren, well dat huet jo näischt mat der Intelligenz ze doen. Dat huet ze doe mat verkéiert liesen. Hu mer schonn een, deen sech dofir géif hirginn?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also et ass sécher, datt et zu Déifferdang fonctionnéiert. Et waren och Leit vun Déifferdang bei eis erofkomm fir eis dee Projet virzestellen. Do fonctionnéiert et esou guer mat 2 oder 3 Titulaire well d'Nofro grouss ass fir op esou Strukturen zeréckzegräifen. Mer kënnen eis bei deene Beispiller zu Déifferdang informéiere fir dat och anstänneg hei ze realiséieren. Op däer aner Säit hu mer och ee Kandidat, deen interesséiert ass fir dee Posten an deen sech och gemelt huet. Deen ass och bereet fir Coursen, déi noutwenneg sinn – dat ass eng Obligatioun vum Ministère -, ze maachen. En huet eis och schonn eng Demande eraginn a gesot, datt, wann hien dee Poste kritt, en déi Coursen och wäert maachen. E gëtt dann och zum Deel fräigestallt fir déi Coursen ze maachen. Et fonctionnéiert och esou, datt déi Kanner net aus der Klass erausgeholl ginn. Mee den Titulaire geet an déi eenzel Klasse fir mat deene Kanner ze schaffen.

**Lily Gansen (LSAP):**

A wéi sinn d'Resultater? Well dat ass jo dee wichtegsten Aspekt vun der Saach.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also zu Déifferdang hunn se eis gesot, datt et ganz gutt fonctionnéiert.

**Lily Gansen (LSAP):**

An da wollt ech awer och nach eng zweet Fro stellen. D'Organisatioun ass a mengen Aen absolut an der Rei. Wéi steet eis Léierpersonal zum Thema 'Hausaufgabe maachen oder net'? Wéi hunn déi dorop reagéiert? Wéi hunn d'Elteren an och d'Kanner reagéiert? Elo kann ee jo schonn e klengen Iwwerbléck hu well et jo schonn e Strapp leeft.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also esou wäit ech weess halen sech d'Léierpersounen un déi Instruktiounen, déi se kréien. Déi Informatiounen, déi ech bis elo vun den Elteren an och vum Léierpersonal kritt hunn ass déi, datt dëst Joer ganz gutt verlaf ass. Ech mengen net, datt se komplett op all Aufgab verzichten. Mee fir dat am Detail ze kucken – all Schoulmeeschter ass jo anescht – misst een eng Analys froen. Dat kann een awer maachen. Da kéint een se och hei virstellen. Mee aus der Erfahrung an aus den Diskussiounen eraus hunn se sech un d'Instruktioune vun der Ministesch gehalen.

**Lily Gansen (LSAP):**

Dat heescht jo, datt se keng Problemer dermat hunn? Well ech weess, datt se op aner Plazen d'Kanner an d'Elteren ofstëmme gelooss hunn. Bon, et kann ee jo näischt Neies probéiere wann et esou Weeër geet. Dofir wollt ech froen, wéi et bei eis leeft. An och wéi et sech auswierkt. Well et kann ee jo nëmmen op esou Experienzen hi léieren.

Als drëtt Fro hunn ech eppes Echtes. Ech hu gesinn, datt der hanne beim Spezialunterrecht esou eng schéi gréng

Rubrik 'Vu weem sinn déi Kanner?' hutt. Dat geet een dach net froen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dat ass zwar e bëssen anescht gemengt. Dat sinn Detailfroen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Meng Fro war déi selwecht wat déi héich Zuel vu Redoublanten am 1. Schouljoer ugeet. Déi zweet Saach, déi Pointe do, huet d'Madame Gansen mer just virun der Nues ewechgeholl.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der musst eech besser ofschwätzen an der Fraktioun.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Prévisions sociales.

**Aide aux sinistrés – subvention au profit des victimes des inondations en Europe de l'Est – décision.**

**Gilbert Welter, Schäffen:**

Dir Dammen an dir Hären, wa mer gëschter déi Biller vun der Naturkatastroph um Fernseh gesinn hunn, da musse mer och zeréckdenke un d'Iwwerschwemmungskatastroph an Osteuropa. Haaptsächlech a Serbien, Rumänien, Bulgarien a Tschechien. Et ass jo esou, datt mer déi Saachen e bësse sollen ënnerstëtzen. Mer hu jo och fir esou Fäll 7.500 Euro am Budget stoen. Vun der Caritas ass eng Ufro bei eis komm fir datt mer dat sollen ënnerstëtzen. Mer proposéieren eech, der Caritas 2.500 Euro ze iwwerweisen. Ech wëll awer drop hiweisen, datt mer ëmmer wiesselen. Déi leschte Kéier gouf d'Rout Kräiz ënnerstëtzt.

**Lily Gansen (LSAP):**

Ech wëll just soen, datt ech déi Iwwerweisung, déi mer hei maachen, ausdrécklech begréissen. An dat aus deem ganz einfache Grond, well an deene Länner nieft der Naturkatastroph och nach enorm vill Aarmut a Misär ass. Mee déi Länner si keng Zielgebitter vun eiser Regierung sinn, déi vun der Kooperatioun ënnerstëtzt ginn. Dofir fannen ech et wierklech positiv, wa Gemengen op deen do Wee ginn an déi Länner wielen, déi net automatesch kofinanzéiert gi vun der Regierung. Ech kann eech nëmmen dozou felicitéieren.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech soen elo just e Wuert, soss wier d'Deliberatioun falsch. Do steet „Entendu plusieurs conseillers approuvant pleinement cette initiative du collège des bourgmestre et échevins". Ech ënnerstëtzen déi Initiativ dann och.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Urbanisation.

**Projet de modification du plan d'aménagement général et projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue d'Athus, présentés par M. Guy Arend pour l'agrandissement de son entreprise agricole (construction d'une étable) – approbation définitive.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Do ware mer schonn de 16. Dezember 2005 am Gemengerot fir eng provisoresch Modifkatioun vum „plan d'aménagement général" ze stëmmen an och de „projet d'aménagement particulier", deen den Här Arend Guy hat fir seng Ställ ze vergréisseren. Mer haten bei däer Geleeënheet de 16. Dezember 2005 verschidde Konditioune gesat. Konditioune wat d'Kanalisatioun ubelaangt, wat de Raccordement ubelaangt. An der Tëschenzäit ass alles eran an et ass och keng Reklamatioun erakomm, esou datt mer dem Gemengerot géife virschloen, d'Modifikatioun vum „plan d'aménagement général" an och de „projet d'aménagement particulier" wat d'Vergréisserung vun dem Bauerebetrib ubelaangt – natierlech ënner deene Konditiounen, déi de Gemengerot de 16. Dezember 2005 festgeluegt hat - definitiv ze stëmmen.

**Approbation définitive de la modification du PAG à l'unanimité.**

**Approbation définitive du PAP à l'unanimité.**

## 7.2.1.

### Urbanisation.

**Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, lieu-dit «Oberst Daessent», présenté par Edico S.A. de Mondercange, pour la construction d'un ensemble résidentiel: approbation de la convention.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Hei geet et drëm fir de PAP vun 'Edico SA' vu Monnerech. Dat ass e Projet vum Bau un engem „ensemble résidentiel". E Projet, deen an „Oberst Daessent" soll realiséiert ginn. Dëse Projet, zu deem der d'Detailer och an ärem Dossier hutt, enthält e gréissert Gebai, dat soll gebaut ginn a wou de PAP nach no deem ale Gesetz vun 1937 soll gemaach ginn. Mer haten dëse Projet an eise Kommissiounen, an déi hu mat Recht op eng Rei vu Problemer higewisen. Ënner anerem och de Situatiounsproblem, well een sech d'Fro muss stellen ob bei den Atelieren esou grouss Gebailechkeete kënne realiséiert ginn. Et ass emol nun esou, datt déi Zone, wou dat soll gebaut ginn, eng Zone ass, wou esou eng Residenz kann opgeriicht gi well se jo och als Zone mat enger „moyenne densité" aklasséiert ass. Aus däer Uersaach kann een hinnen direkt net verbidden, dohinner ze bauen. Mer hunn awer Verhandlunge mat däer Sociétéit opgeholl fir dee Projet méi kleng ze maachen. Se hunn doropshin en neie Plang eragi wou se e ganze Stack eliminiéiert hunn, esou datt d'Zuel vun den Appartementer ëm 25% gefall ass. An deem Sënn hu mer elo eng Konventioun mat Edico SA preparéiert. Do kënnt eng ganz Rei Aufgaben op déi Firma duer, an déi si musse maache fir dee Projet ze realiséieren. A mer hunn och eng Deliberatioun preparéiert fir eng provisoresch Zoustëmmung vun dësem Text ze ginn.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, wann ech är Wierder héieren, datt der sot, et kéint ee kengem verbidden dohinner ze bauen, dann héieren ech och an äre Wierder keng grouss Begeeschterung eraus. Dat ass deen Androck, dee mer alleguer hei hunn. Mer hunn e PAG, deen de Leit, déi Propriétaire vum Terrain sinn, Rechter gëtt, iwwer déi mer net ëmmer ganz glécklech sinn. Mee Rechter muss ee respektéieren. Hei geet et jo drëm fir e PAP ze maachen. An do ass de Gemengerot bereet fir jo oder nee ze soen.

Ech hunn, wéi ech mer dee Projet do ugekuckt, dru geduecht, datt mer ongeféier virun 2 Joer – deemools war ech nach an der Bautekommissioun - e Projet vun engem Stater Entwécklungs-plang kruten, wou ech awer net weess wou deen elo ass. Mee ech hu mech awer drun erënnert, datt gesot gouf, datt eng Stad sech eigentlech esou sollt entwéckelen, datt an der Peripherie vun enger Uertschaft eng ondicht Bebauung soll sinn, eng mëtteldicht Bebauung wat ee méi no un den Zentrum erukënnt, an eng dicht Bebauung am Zentrum. Hei kréie mer effektiv eng dicht Bebauung an d'Peripherie vun enger Uertschaft. Et kann een natierlech soen, datt, wann ee vun Nidderkuer kënnt an a Péiteng erafiert, lénks a riets zwee Appartementshaiser stinn. Dat ass zwar

richteg, mee déi goufe gebaut opgronn vun eisem PAG, an do ass kee PAP gemaach ginn. Hei géif awer elo e PAP gemaach gi fir eng Besiedlung ze erméiglechen, déi méi dicht ass wéi déi Besiedlung, déi méiglech wier wann no dem PAG géif gefuer ginn. Dofir hunn ech mer och e bëssen d'Avise vun de Kommissiounen ugekuckt. Esou seet d'„commission d'aménagement“ vum Inneministère seet „La Commission ne voit aucune raison impérieuse militant en faveur d'une modification de la partie écrite du plan d'aménagement général de la commune de Pétange qu'il y a lieu donc de respecter“. An da seet – wat der och ugedeit hutt - eis Verkéierskommissioun, déi de 15. Mäerz 2006 eng Reunioun hat, „Dans cette petite rue, les problèmes de circulation sont préprogrammés vu que la sortie vers la rue de Niederkorn est difficile“. Et kann ee soen, datt d'Sortie fir op d'Biff duerch déi eng Bréck verbaut ass, esou datt d'Sortie do misst erausgoen. Et gëtt e Geforepunkt an der Entrée vun der Uertschaft. An d'Konklusioun ass jo och „La commission estime que le projet est surdimensionné pour ce coin isolé de Pétange.“ An dann hunn ech nach d'„Commission de l'environnement, de l'aménagement du territoire et de l'urbanisation“, déi getagt huet. Do war och den Här Welter, de Ressort-Schäffen, derbäi. Hei gouf gesot „Toujours est-il que l'envergure de la version remaniée ne contribuera pas à une amélioration de la qualité de vie dans le quartier concerné“. Ech zitéieren och nach dee leschten Abschnitt: „Après avoir analysé les nouveaux plans, la commission de l'environnement se rallie, tout comme la commission des bâtisses, à l'avis de la commission d'aménagement du ministère de l'Intérieur laquelle se demande s'il est opportun de prévoire une telle densification à la périphérie de la commune et à la limite territoriale. En l'occurrence, la commission de l'environnement à l'unanimité est d'avis qu'il y a lieu de retravailler le PAP présenté par la société Edico SA.“ Dat sinn eng Rei Iwwerleeungen, déi eis als Fraktioun dozou féieren, datt mer deem Projet hei ganz kritesch géintiwwer stinn. Där maacht är Aufgab als Buergermeeschter an als Schäfferot wann der dëse Projet dem Gemengerot presentéiert. Mee ech mengen, mer mussen als Gemengerot net all Projet stëmmen, deen eis virgeluegt gëtt.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Dozou muss ech awer nach 2 oder 3 Präzisioune ginn, déi awer vläicht wichteg sinn an deem Dossier. Eischtens, deen Avis vun de Kommissiounen, dee war nach an deem Dossier wou deen ee Stack nach méi drop war. Dee „remaniement“ war nach net dran, deen hunn d'Kommissiounen net gesinn. An do ass och eng Uersaach, den Zäitdrock, well wa mer dee Projet an deem PAP duerchzéien, da musse mer dat elo maachen. Well bis den August muss déi Prozedur ofgeschloss si fir et nach no deem ale Gesetz vun 1937 ze maachen. Dat heescht, de Promoteur ass schonn op déi Remarquen agaangen an huet de Projet staark reduzéiert. Wa mer - an dat ass dat, wat ech ze bedenke ginn – de PAP refuséieren, da kënne mer net méi no engem PAP fueren an da gëtt déi nei Demande no deem neie Prinzip eragereecht. An dann ass dee Projet op méi grouss oder op d'mannst grad esou grouss wéi deen hei. An e leeft vir laanscht d'Strooss. Da besteet och keng Méiglechkeet méi fir eng Konventioun ze maache mat der Edico SA, da gëtt et eng einfach Baugenehmegung wou mer de Problem vum Verkéier oder och en anere Problem léisen. Dat ass wat ech heizou wëll ze bedenke ginn.

Mer hunn elo hei e Projet, deen op e Minimum reduzéiert gouf. Méi déif geet et net méi. Wat d'Zuel vun den Appartementer ubelaangt, esou wäerte mer bei enger normaler Baugenehmegung am Kader vum PAG op déi selwecht kommen, wann net esou guer liicht driwwer. Dat gëtt mer d'Uersaach firwat ech dee Projet hei awer géif ënnerstëtzen. De Volume vun deem, wat gebaut gëtt, ass net méi grouss duerch de PAP. Dee ganze Projet ass besser wa mer de PAP maachen ewéi wa mer duerno einfach géifen eng Baugenehmegung ginn. Well et eben am PAG ausgewisen ass als „moyenne densité“. Do kann een eng gewësse Struktur bauen a wann déi ausgenotzt ass, da wäerte mer wahrscheinlech keng Méiglechkeet kréien – wann se konform ass – fir dorop anzewierken. Dann ass ee gezwongen, och als Buergermeeschter, domat ze liewen. Dat ass dofir, firwat ech dëse Projet engem neie Projet virzéien, dee wahrscheinlech manner gutt gëtt.

**Roger Klein (LSAP):**

Ech verstinn, datt d'Argument ass fir dat méi klengt Iwwel ze huelen. Mee op däer aner Säit ass et och en Zeeche wat mer setzen. Well elo gi mer e PAP autoriséieren op enger Plaz, wou mer eigentlech kee wéilten. Et ass awer och en Zeeche fir d'Leit, iwwerall dohinner, wou mer et net als gënsteg emfannen, e PAP maachen ze goen. Ech weess och net ob déi Grondbedenke vun deene verschiddene Kommissiounen elo vill anescht ausgefall wiere mat engem Stack méi oder manner. Ech mengen, et ass enfach eng prinzipiell Iwwerleeung, datt de gesonde Mënscheverstand seet, datt esou eng Bebauung net dohinner gehéiert. Den Dilemma ass deen, datt de PAG vun 1990 eis net erlaabt, neen ze soen. Mee trotzdeem misste mer op d'mannst elo déi Léier draus zéien, an zwar, datt eng Urgence besteet fir de „Stadtentwicklungsplan“ ëmzesetze well do komme jo och eng ganz Rei Modifikatioune vun eisem PAG. A wa mer en neit Dokument hätten, da kéinte mer vläicht esou Saache verhënneren. Hei ass elo net deen eenzege Fall, wou mer wierklech alleguer heibanne géife soen, datt mer net glécklech dermat sinn, datt dat esou gebaut gëtt. Mee mer kënnen et net refuséiere well et ass d'Recht vun de Leit fir dat ze baue wou se och d'Recht drop hunn. Ech sinn awer nach ëmmer der Meenung, datt dat hei e schlecht Zeechen no baussen ass wa mer esou e PAP wéi deen heite mussen autoriséieren.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Jo, wéi gesot. Eis Virgänger – ech war déi Zäit net derbäi – hunn 1990/1991 eng aner Meenung gehat, an zwar datt een dat dohinner kéint bauen. Mär kommen elo an dësem Gemengerot zur Konklusioun, datt et net déi richteg Plaz ass fir ze bauen an datt ee vläicht guer näischt dohinner hätt solle bauen. Mee d'Leit, déi do den Terrain zu deene Konditioune – eben datt se kënne bauen - kaf hunn, déi wäerten net averstane si wa mär elo soen, se dierften net dohinner bauen. Dat kënne mer net maachen.

Dat hei ass déi lescht Méiglechkeet fir e PAP ze maachen. Mat deem neie Gesetz gëtt et keng Méiglechkeet méi fir e PAP ze maachen. Da muss een no eisem PAG bauen an da baut en eis eppes Breedes oder Laanges vir op d'Strooss.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Här Buergermeeschter, ech hat mech zwar net gemelt, mee ech wëll eech just soen, datt ech dat do einfach net guttheesche kann. Ech erliewen et de Moment selwer. Do ass och eng „moyenne densité“ gebaut ginn. Dat ass do wou ech wunnen. Do steet elo e Block, dat ganzt ass multikulti, multikolor. Mer wësse jo, datt mer bis 2010 eise PAG mussen iwwerhuelen. An do soll een emol grouss Diskussioune féieren a kucken, datt a Quartieren, wou Eefamilljenhaiser stinn, esou eppes näischt verluer huet. Egal

wéi, da musse mer eben dee geschriwwenen Deel esou änneren, datt mer soen, do si Gäert. A wann een deene Leit deemools déi Gäert ewechgeholl hätt, da wier et Kaméidi ginn. Da muss ech awer och kënne soen, et gëtt näischt anescht gebaut wéi e Garage. An et dierf net sinn, datt ob eemol 30 Meter Gaart verkaf ginn an da setze mer deene anere Leit e Block dohinner. Ech fannen dat guer net an der Rei. An ech sinn och ganz géint dee Projet well ech selwer d'Experienz gemaach hunn ewéi et geet. A mer mussen eis aner Mëttele gi wa mer deen neie PAG duerno presentéieren a stëmmen, da musse mer eis och Mëttele gi fir esou Saachen ze ëmgoen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech ginn eech Recht, datt mer déi Saache mussen nei iwwerkucken. Dat ass och eng Prozedur, déi net haut a mar kënnen ofgeschloss ginn, well do sinn Diskussiounen, déi een am Fong féiere musse. Mer hunn déi Diskussiounen och ulafe gelooss an se sinn net esou séier op en Enn ze féiere well do d'Meenungen och an eise Kreesser wäerten auserneegoen. Mee, an den Här Klein huet dat jo scho gesot, op der Nidderkuerer Strooss sti jo och schonn Appartementshaiser. An da kënne mer net gëlle loossen, datt déi aner net dohinner dierfe bauen. Besonnesch net wann uewe schonn eng hallef Dose stinn. Et ass schwéier fir ze argumentéieren, datt hannendru Bungalowe musse gebaut ginn. Déi leie jo vill méi héich do. An et gëtt jo ee Stack manner héich gebaut.

Kloer ass, datt do eng Residenz dohinner gebaut ka ginn an datt do gebaut gëtt. Ech ka mer net virstellen, datt mer dat kënne kuerzfristeg änneren. Dee Promoteur wëll do bauen an dat kréie mer och net ewech. An ech soen et nach eng Kéier, datt, vum Projet hir, dat hei dee mannsten Iwwel ass. Och wann ech mat eech averstanen an net glécklech sinn, datt dohinner gebaut gëtt. Mee dat hunn eis Virgänger entscheed an esou séier kréie mer dat net mat engem Fiederstréch ewech.

**Jeannot Linden (LSAP):**

Ech sinn och domat averstanen. Mee da gëtt dee PAP anescht. Well wann e muss virlaanscht bauen, da verléiert e vill. Wann ech duerno nëmmen déi puer Meter vir hunn, da verléieren ech jo gewalteg an der Déift. An da gi vill Appartementer verluer. Da kann e jo no sengem PAG bauen. Mee dann huet en awer Restriktiounen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also eis Techniker hunn ausgerechent, datt, wann en no dem PAG baut, en déi selwecht Zuel Appartementer kritt. Well da baut en einfach méi héich. An dat däerf en och.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Ech hunn elo nogelauschtert, wat den Här Klein an den Här Linden gesot hunn. Meng Bedenke ginn an déi selwecht Richtung. Mer sinn do an enger enker Strooss. Bon, se sinn zwar averstane fir d'rue des Ateliers méi breet ze maachen, 5 Meter, an och Trëttoire lénks a riets unzeleeën. De Problem mat der Strooss bleift awer dee selwechte well mer kommen ëmmer bei d'Eisebunnsiwwerführung an da bei d'Brécken. Da muss ee schonn eng „Einbahnstraße“ maachen, well et ass net méiglech do an zwou Richtungen ze fuere well soss gëtt dat e Geforepunkt, deen net ze vermeiden ass. Do lafen duerno jo och Kanner. Wann ee schonn haut tëscht de Brécken do mam Auto eroffiert, dann ass ee schonn op eege Gefor do. Jiddereen, deen hei um Dësch sëtzt kennt déi Situatioun do.

Dann ass nach dee Wee, dee mer elo ginn. Der Buergermeeschter seet, mer kënnen dat net reviséieren. Jo, mer kënnen dat vläicht net elo. Mee ech weess net, wat fir Mëttelen do méiglech si fir dat hei anzedämmen. Ech gesinn dat esou, datt en an der zweeter Rei géif bauen. Bis elo ass ëmmer versicht ginn ze verhënneren, datt an enger zweeter Rei gebaut gëtt. Oder datt hanner deenen Haiser do e Lotissement kënnt, e „plan d'aménagement“ kënnt. An da misst och eng Strooss do eragoen, zu däer se parallel kéinte bauen. Ech hunn net erausfonnt, wéivill Appartementer do entstinn. Fir mech ass ganz wichteg, wéivill Autoen, wéivill Parkplazen et ginn. Sinn et der 50? Wou stellen déi Leit sech, déi op Besuch kommen. Matten op d'Strooss oder wou? Do sinn e ganze Koup Saachen, déi net richteg sinn. A wéi den Här Klein scho gesot huet, firwat gi mer op d'Peripherie bauen. Komm mer kucke fir eise Stadzentrum auszebauen. Do hu mer al Haiser a Land genuch. Ech begréissen och, datt déi eeler Haiser, déi net méi an der Rei sinn, ewechgeholl ginn an eng nei Bausubstanz dohinner kënnt. Mer kréien och an der Gemeng Péiteng genuch Leit erbäi. Well do komme jo och jonk Stéid hinn. An d'Kanner mussen an d'Schoul goen an d'Gemeng muss Bussen organiséieren. Dat bréngt e ganze Kazeschwanz mat sech a wou ech kategoresch soen, datt ech net vir esou e Projet ka sinn. Et sinn nach e ganze Koup aner Argumenter, déi ee kann op d'Wo leeën. Obwuel den Här Buergermeeschter seet, datt mer et duerno awer iergendwéi musse schlécken. Mee da waarde mer nees of bis et esou wäit ass.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der hutt do zwou Saachen ugeschwat. Zum Beispill de Parking fir Leit, déi op Besuch kommen. Dat hu mer hei an der Konventioun virgesinn an actéiert. Mee mer kënnen se duerno, wann en eng normal Baugenehmegung huet, net operleeën. Dat heescht, wann en d'Baugenehmegung freet mat esou vill Garagen a Parkplaze wéi d'Reglement et virgesäit, dann ass do guer näischt ze maachen. Da musse mer dat guttheeschen. Déi Saachen hei, och mat der Strooss, wou mer dem Promoteur eng ganz Rei Käschten operleeën, dat kënne mer bei enger normaler Baugenehmegung net maachen. Dat gi mer och ze bedenken, well duerno musse mär fir déi Infrastrukture suergen, déi noutwenneg sinn. An dat well eise PAG dat esou ausweist. An ech muss nach eng Kéier drop zeréckkommen a soen, datt dat vun eise Virgänger an d'Weeër geleet gouf. Déi Bedenke ware jo och schonn 1991/1992 do. D'Eisebunn war och do, d'Ateliere waren och do, uewen ass een och schlecht erauskomm an nawell huet de Gemengerot deemols entscheed, datt dohinner gebaut kéint ginn. An da komme mär elo a soen, dohinner däerf een net bauen, et ass onméiglech fir dohinner ze bauen. Dat ass geféierlech. Komplett refuséiere kënne mer et net. Mer kënnen awer soen, datt gewësse Saachen net geschéien. Soss bauen se eis eppes anescht laanscht d'Strooss wat mer musse guttheeschen an dann ass d'Resultat manner gënschteg wéi dat, wat mer hei virleien hunn a wou mer elo opgronn vu laange Verhandlungen hei e Projet hunn, dee mer op e Minimum gedréckt a mer gesot hunn, datt de Projet eenegermoossen ausgesäit zu der Lag. Awer wat d'Zuel vun den Autoen ugeet, do gesinn ech och e Problem. Mee dee kréie mer net ewech wa mer dee PAP hei refuséieren an do eng Baugenehmegung ginn am normale Kader vum PAG. Da kréie mer näämlech déi selwecht Problematik, et sinn déi selwecht Kanner, déi do sinn an déi mussen an d'Schoul gefouert ginn. All déi Konditiounen do bleiwen. Et ass just, datt dat, wat da gebaut gëtt, vill méi schrecklech ass wéi dat, wat elo soll dohinner kommen. Ech mengen, de Gemengerot ass souverän a jidderee muss do no sengem Gewëssen handelen.

**Norbert Pierre (LSAP):**

Och wann 1990 dee PAG hei gestëmmt gouf, esou waren do aner Gegebenheeten ewéi mer se haut hunn. Verkéierstechnesch war et och

anescht wéi haut. Et si bal 20 Joer vergaangen an do besteet d'Bedierfnes fir dat unzepassen. Ech gesinn dat hei un als eng Erpressung, esou no deem Motto „Vogel friss oder stirb". Huel dat do un oder net, an da kréie mer et anescht zerwéiert. Ech bleiwe bei menger Meenung. Mee duerno läit et beim Buergermeeschter fir ze entscheeden. Mer haten och scho Buergermeeschteren, déi gesot hunn et géifen nëmme 4 Stäck gebaut ginn an der „forte densité", wou der 5 sollten hikommen. De Buergermeeschter ka jo awer nach anescht drop awierken. Mee ech wëll elo keng Polemik hei ufänken.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Et ass natierlech schwéier wann een als leschte Spriecher d'Wuert kritt well dann ass dat meescht jo scho gesot ginn. Mär sinn och géint dee Projet wéi en elo hei presentéiert gouf. Obwuel den Här Buergermeeschter gesot huet, dat hei wier elo dat klengsten Iwwel géintiwwer deem, wat mer an engem zweete Projet kéinte gebuede kréien. Well dat géif nach vill méi dramatesch ausgesinn. Et ass schonn alles vum Transport iwwer d'Parkplazen a bis d'Vergéisserung vun der Strooss ugeschwat ginn. Aus all deenen Uersaache si mer och dergéint, datt do soll gebaut ginn. Ob jidde Fall an deem Ausmooss.

Eng aner Saach ass déi, datt dat esou no un der Pufferzon vun eisem Naturschutzgebitt 'Prënzebierg' läit. Mär sinn der Meenung, datt esou Saache sollen am Zentrum gebaut ginn awer net esou no un eisem Naturschutz-gebitt.

Eng aner Saach ass och déi, datt mer froe fir datt d'Diskussioun ganz séier an nächster Zukunft muss opkomme fir ze gesi wou mer hi wëllen, wéivill Leit mer wëlle hunn. Dat ass nämlech imminent bei esou Projeten.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Déi Diskussioun, wou mer hiwëllen, hu mer schonn an der leschter Period gefouert. Do waart där net derbäi, mee se soll nach virugefouert ginn. Den Här Pierre huet et jo och schonn ugeschwat, datt mer amgaang sinn, deen neie PAG opzebauen. Dee baut een natierlech net an engem Joer op. D'Gespréicher lafe scho mat de „bureaux d'études" zur Fro wou mer hiwëllen. An do solle mer och an de Kommissiounen Orientéierungs-debatte féieren. Déi hëllefen eis awer net an dësem Dossier. Well d'Entscheedung wäert falen ier de PAG nei gestëmmt ass. Bis dohinner hu mer eigentlech e PAG, deen nach ëmmer do ass. Ech sinn net onbedéngt mat dem Här Pierre averstanen, datt d'Gegeben-heeten sech esou vill verännert hunn. Do erausfueren aus der rue des Ateliers, dat war a bleift nach ëmmer e Problem. Dat war sécherlech dem Gemengerot deemools bekannt, wéi de PAG gestëmmt gouf. Mer hätten hei d'Méiglechkeet déi Firma hei duerch eng Konventioun mat un de Käschten ze bedeelegen. Déi hu mer net, wa mer dat am Kader vum PAG maachen. Och wann de Buergermeeschter – wéi den Här Pierre gesot huet – d'Saach kann drécken, ech gleewe kaum, datt en et esou gedréckt kritt, datt de Volume vill méi kleng gëtt wéi deen, dee mer virleien hunn. Am Géigendeel. Well soss kréie mer e Block vir laanscht d'Strooss, wat eng Situatioun ass, déi wesentlech manner gënschteg ass wéi déi, déi mer opgronn vun dësem PAP kréien. Ech bleiwen nach eng Kéier derbäi, datt dat hei dee mannsten Iwwel ass am Kader vun engem PAG, deen de Gemengerot vu Péiteng sech ginn huet. Opgronn vu Verhandlungen déi gefouert goufen, an déi waren net esou einfach well mer e ganze Stack erofgaange sinn, ass d'Firma eis entgéint komm. An ech mengen, datt een iwwer dee Wee e Projet ka maachen, deen net deen allerbeschten ass, mee deen anstänneg ass fir dee Site, op deen en elo soll kommen.

**Approbation de la convention avec 8 (CSV, DP) voix contre 7 (LSAP, Déi Gréng).**

## 7.2.2.

### Urbanisation.

**Projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Pétange, rue des Ateliers, lieu-dit «Oberst Daessent», présenté par Edico S.A. de Mondercange, pour la construction d'un ensemble résidentiel: approbation provisoire.**

**Approbation provisoire avec 8 voix (CSV, DP) contre 7 (LSAP, Déi Gréng).**

## 8.

### Cultes.

**Fabrique d'église de Pétange – prise en charge du déficit budgé-taire prévisionnel de l'exercice 2006 – décision.**

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Der konnt feststellen, datt se an hire Konten, respektiv de Kont 2005 an de Budget 2006 en Defizit „prévisionnel" vun 20.350 Euro virgesinn haten. Mer hunn hinnen déi Avance och ginn. Et huet sech awer erausgestallt, datt den Defizit net esou héich ass, nämlech 19.323,85 Euro. Dat gëtt op d'Joer 2006 iwwerdroen, esou datt den Defizit am Budget 2006 elo 16.993,85 Euro ass. Do gëtt et eng Gesetzgebung, déi gesäit vir, datt, wann d'Kierchefabrik en Defizit huet, da muss d'Gemeng deen iwwerhuelen. Dat géif heeschen, datt mer déi 16.993,85 Euro géifen iwwer-huelen, déi als Defizit „prévisionnel" am Budget 2006 virgesi sinn. Mer wäerten dann och gesinn, wéi deen Defizit dann um Enn ass an da wäert deen och definitiv am Kont 2006 opgefouert sinn. Mer mussen awer dovunner ausgoen, datt do och en Defizit ass obwuel d'Kierchefabrik mer verséchert huet, datt se all Efforte géinge maache fir den Defizit esou wäit wéi méiglech erofze-drécken.

**Roger Klein (LSAP):**

Här Buergermeeschter, wann ech mech elo am Numm vun eiser Fraktioun e bësse kritesch zu dësem Punkt äusseren, da soll d'Resultat dovunner awer net sinn, datt een eiser Fraktioun kéint Antiklerikalismus virgeheien. Ech mengen, d'Sozialisten, déi hei am Gemengerot vertruede sinn a waren an deene leschte Joren oder Jorzingten, hunn duerch hir Ofstëmmunge bewisen, datt se ëmmer fir d'Belaange vun der Kathoulescher Kierch a fir d'Pare Péiteng, Rodange a Rolleng do waren. Sief et wann et ëm d'Erneieren oder aner Saache vun de Kierche gaangen ass. An deem Sënn gouf och d'lescht Joer den Defizit vun der Kierchfabrik gestëmmt. Op däer enger Säit ass et jo eng Obligatioun, däer d'Gemeng sech net entzéie kann. Mer hunn awer och gläichzäiteg gesot, datt mer dee géife stëmme mat der Opfuerderung un d'Kierchefabrik fir all Efforten ze maache fir deen Defizit ze reduzéieren an en nees an normal Grenzen, wann net op en Nullwäert ze kréien. A grad déi Recommandatioun ass besonnesch aktuell am Hibléck wat eise Premier zur Lag vun der Natioun gesot huet. En huet ganz kloer gesot, datt jidder Eenzelnen an all Gruppéierungen hei am Land mussen de Rim méi enk maache fir datt mer iwwer d'Situatioun vun elo ewech kommen. Eng Situatioun, wou sozial Leeschtungen agefruer si ginn ewéi d'Kannergeld oder d'Mammerent. Eng Situatioun, wou den Index moduléiert gëtt, wou nei Chargen op d'Leit zoukommen, wou d'Akommes vun all Famill erofgeet, wou déi real Kafkraaft erof- an net eropgeet. Do hätte mer an dësem Punkt e bësse méi Voluntarismus erwaart. Well e Budget, deen een opstellt, sief dat e Gemenge-budget oder de Budget vun enger Kierchefabrik, dat ass keng Fatalitéit. Do ass eng Viraussiicht dran, beim kierchleche Budget hätt ee vläicht un eng göttlech Viraussiicht geduecht, mee

déi schéngt awer éischter mënschlech gewiescht ze sinn. Ech weess net ob eiser Här mat dësem Budget averstane gewiescht wier wann d'Recetten ëm 1% an d'Ausgaben ëm 3% an d'Luucht ginn. Do gesinn ech net dee wierkleche Wëlle fir ze spueren an nees op eegene Féiss ze stoen. Dat ass dann och de Grond firwat datt mer eis als Fraktioun kritesch verhalen a kritesch Bemierkunge gemaach hunn. Wa mer eis bei dësem Punkt enthalen, da wäerten d'Käerzen an der Kierch net ausgoen, mee et ass einfach e Wénk fir ze soen, datt e bësse méi gudde Wëlle gewise soll ginn. Grad an enger Situatioun wou jiddereen, besonnesch eng Gemeng, muss spueren, wou all eenzel Famill spuert, fir dann och eppes dozou bäizedroen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech wollt eech awer soen, datt ech perséinlech en Effort vun der Kierchefabrik konnt feststelle well den Defizit vum Joer 2005, dee „prévisionnel“ war, ass e Stéck méi niddereg gewiescht. Se hunn och all vergewëssert, datt se weiderfuere géifen. Et kann een natierlech net en Defizit vun haut op mar op 0 setzen. Ech stellen awer, net ewéi där, en Effort fest.

**Guy Brecht (LSAP):**

Jo, wann een am 2. Joer noeneen esou e Budget virgeluegt kritt, da kuckt een e bësse méi op d'Detailer. Am Punkt 105 „quête pour l'église“, kann een do virausgesinn, wat een asammelt? Ech weess et net. Wann emol eng méi héich Perséinlechkeet stierft, da sinn d'Masse méi besicht wéi normal an da rabbelt et e bësse méi am Kierfchen. Dofir weess ech net, ob een dat ka virausgesinn. Wann een awer seet, datt d'Quêten erofginn, dat heescht jo, datt manner Leit kommen. Mee et ginn awer méi Hostie kaf, wou de Präis och an d'Luucht geet. Bei de Käerzen ass mer och opgefall, datt et fatzeg an d'Luucht geet bei deem Budget hei. Beim Punkt 132 „frais de nettoyage“ steet zwar, datt et aner Botzkäschte si wéi an der Linn 146, mee do kascht eng Botzkraaft awer 3.500 Euro. An da kommen nach 1.500 Euro derbäi.

Wat mech awer am meeschte stéiert, dat ass, datt mer op Säit 83 gesot kréien „L'excédent positif ... est intégré dans les capitaux disponibles de la Fabrique (ligne 65)“. Mee mer kënnen dat net nokucke well mer dat effektiv net an deem Relevé hunn, dee mer hei kritt hunn. Wann der eis esou eppes schreift, da leet eis dat derbäi fir datt mer dat nokucken a besser novollzéie kënnen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Ech muss emol fir d'éischt soen, datt ech dat net sinn, deen dee Budget opstellt, mee datt dat d'Kierchefabrik ass. Ech wollt awer nach op e puer Saachen agoen. Ech hunn nämlech och opgronn vun deene Chifferen, déi ech krut, mat deene Responsable geschwat fir eng Erklärung ze kréien. Et ass mer och opgefall, datt d'Botzkäschten eropgaange sinn. Dat huet awer e ganz spezielle Grond. Déi Dame, déi do ugestallt ass, huet e „congé de maternité“. Si huet deen zegutt ewéi all aner Matbiergerin am Land, déi e Kand erwaart. An do huet d'Kierchefabrik mussen eng Firma astellen, déi eben esou vill zu Buch schléit.

Wat d'Quêten ugeet, do hunn se hei e Montant festgeluegt. An et ass normal, datt ee bei de Recetten net iwwerdreift, esou datt ee kéint mengen, datt dat Duebelt erageholl géif ginn an dann duerno festgestallt gëtt, datt dat net de Fall ass. Dofir hunn se jo einfach déi Zomm vum Kont 2005 ofgeronnt. Wat dobäi erauskënnt, dat weess een net, dat muss ee kucken. Et ass och ëmmer méi de Fall, datt d'Leit bei engem Begriefnis oder enger Hochzäit froen, datt déi Suen gespend gi fir e gudden Zweck. Dat bedeit natierlech och, datt d'Recette vun der Kierchefabrik erofginn.

**John Polfer (CSV):**

Et ass elo schonn esou vill gesot ginn doriwwer. Wat mer ofgefall ass bei de Recette beim 1. Punkt. Do stinn 3.603,52 Euro als Recetten, dat sinn Zënsen, an ech ka mer jo net virstellen, datt eng Bank Zënse gëtt wa kee Kapital do ass. Wann ech op mengem „compte courant“ näischt méi hunn, da muss ech op mäi Spuerkont goen.

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat een dozou muss soen, dat ass, datt d'Gemeng den Defizit vum „ordinaire“ ofdeckt, net dee vum „extraordinaire“. Do ass d'Gesetzgebung relativ kloer. Mer kënnen och net den uerdentlechen Defizit duerch ausseruerdentlech Recetten an d'Gläichgewiicht bréngen. Dat si Fongen an och dacks „legs“, wou drasteet, datt se esou laang musse gehal ginn oder wat fir déi Sue muss gemaach ginn. Dofir kommen och just d'Zënsen an de Budget an dat Ausseruerdentlecht ass scho vu vir eran definéiert, d.h. wat mat deene Sue soll geschéien. Déi kann d'Kierchefabrik a mär och net huele fir deen uerdentleche Budget auszegläichen.

**John Polfer (CSV):**

Et ass u mech erugedroe ginn, datt eng Par net gläich eng Par ass. Do sinn nach Gesetzer, déi bis op den Napoléon zeréckginn. Eng Par kann iwwer Saache fir sech verfügen ouni un de Bistum erunzetrieden iwwerdeems eng aner Par dat net däerf.

**Carlo Gira (CSV):**

Ech wëll mech deene Wierder, datt mer a finanziell méi schwéieren Zäite sinn, uschléissen. Dofir hätt ech mer gewënscht, datt wéinstens e Budget presentéiert gi wier, dee mat Null opgaange wier.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Och eng kritesch Iwwerleeung zu dësem Punkt. Ech ka mech deene meeschte Saachen, déi hei gesot goufen, uschléissen. Op däer aner Säit hu mer awer e Gesetz a mer musse jo méi wéi wahrscheinlech ‚Jo’ soen zu deem hei. D'Bemierkunge sinn awer gutt ukomm. Et ass vun der Quête geschwat ginn. De Paschtouer entscheed heiansdo selwer wou d'Suen higinn, d'Leit entscheeden heiansdo mat oder se schloen eppes vir. Déi schéngt erofzegoen 2006. E Samschdeg bei de Passeuren hat jiddereen an der Kierch seng puer Euro am Grapp an do ass kee Kierfche ronderëm gaangen. Wann dee ronderëm gaange wier, dann hätte mer elo schonn dee selwechte Chiffer do stoe wéi en elo ass. Also ass dat och e Lapsus. Et soll een awer emol kucken, datt bei all Geleeënheet en Effort gemaach gëtt. Do war elo Volontarismus bei de Leit do well jiddereen eppes am Grapp hat. Deen een hat deem aneren der nach geléint, mee mer sinn se net lass ginn. Dofir hu mer se duerno anescht ausginn.

**Accord avec 8 voix (CSV, DP) et 7 abstentions (LSAP, Déi Gréng).**

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Ech wollt just drop hiweisen, datt esou vill gesot ginn ass, deem ech mech nëmme kann uschléissen. Des Weidere fannen ech, datt dat mat der Zäit zu engem Normalismus gëtt well jo do e Gesetz besteet, dat eiser Meenung no iwwerhaapt net dierft bestoen. De Glawe soll jidderee selwer maache wann e Loscht an Zäit dofir huet. Mee dat dierft net am Staat integréiert sinn a mär sinn nach ëmmer fir déi Trennung. Och beim Budget muss een do oppassen, datt dat net zu engem Normalismus gëtt. Dat hei gesäit wierklech esou aus, wéi wann se awer de Rim net méi enk gemaach hätten. Soss wier dat nämlech ganz anescht ausgefall.

## 9.

## Questions des conseillers communaux.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Engem Gemengeconseiller, dee ganz dacks zu Fouss an der Gemeng ënnerwee ass, fällt esou Muenches op an e gëtt och dacks vun de Leit ugeschwat. Dofir meng Froen. Op der Kräizung rue de la Paix, cité Léonard Schroeder, rue Weissenbrill, ass et, wann et esou reent wéi déi lescht Deeg, onméiglech drechen iwwer den Trëttoir ze kommen. Wann Autoe laanscht fuere sprëtzt d'Reewaasser, wat scho quasi zu engem Séi op dëser Plaz ginn ass, iwwer den Trëttoir bis un d'Fassade vun den Haiser. Ech bieden de Schäfferot, dach endlech hei eppes z'ënnerhuelen.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Eng gutt Noriicht direkt Här Becker. D'Wieder gëtt besser. D'Stroosse si schlecht, der hutt ganz Recht. Mer hunn 31 Kilometer Stroossen an der Gemeng. De Wanter ass eriwwer, en huet laang gedauert a mer hunn e ganze Koup Problemer. Mer hunn am Budget awer Sue stoe fir de Schwaarz-belag op enger Längt vu 600 Meter ze maachen. Dofir musse mer kucken, wou mer d'Prioritéiten festsetzen. Hei ass awer eng vun deenen. Met et geet heimat net duer. Hei muss och nach de Siphon gehéicht ginn. Mer hunn awer och aner Plaze wou ech zu Fouss ënnerwee sinn, dat ass d'Belair Strooss, déi och ganz schlecht ass. A mer hunn och nach Plazen zu Rodange an esou weider. Mar de Muere maache mer e Plang wéi dee Schwaarzbelag erneiert gëtt, an da gëtt deen ausgeschriwwen. Hei ass eng gréisser Flick, déi eis Leit net kënne maachen. D'Leit mussen sech e bësse gedëllegen.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Op dem Trëttoir, vun der Avenue de la Gare an d'Cour de la Gare, beim Restaurant Nummer 32 steet e Gemengeschëld matten um Trëttoir. De Propriétaire vum Restaurant huet op senger Säit grouss Betonskiwwelen opgeriicht an op der Säit vun der Strooss stinn Autoe laanscht den Trëttoir. Ech hunn deslescht enger Dame mat enger Kannerkutsch nogekuckt a mär sinn d'Dronkenellen ausgaang. Si huet misse mat hirer Kutsch iwwer d'Strooss laanscht déi geparkten Autoe goen - An dat op enger Kräizung – well si um Trëttoir net laanscht koum. Wien ass do am Fehler? D'Gemeng, well d'Schëld an der Mëtt vum Trëttoir steet oder de Propriétaire vum Restaurant well hien seng Betonskiwwelen zevill wäit um Trëttoir stoen huet? Och hei wier ech frou, wann d'Gemeng ganz séier eppes géing ënnerhuele well dës Situatioun ass doudgeféierlech.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Och do hutt der Recht. Do muss och eppes geschéien. Dat huet awer näischt mam Wieder ze doen. Dat passéiert wann zwee Servicer laanschtenee schaffen an d'Saachen net koordi-néieren. De Propriétaire huet eng Terrass ugefrot an da kritt e vun eisem Service matgedeelt, datt en se muss ëmgi mat engem feste Bestanddeel. En huet Bacen dohinner gesat an domat ass e konform mat dem Reglement vun den Terrassen. Doduerch ass e Verkéiersschëld, wat do stoung, ageengt ginn. Dat steet dann elo matten um Trettoir. Mer kënnen d'Terrass net méi réckelen. Dofir gëtt e Mëttwoch de Moien tëscht 7.45 an 8.45 Auer dann d'Schëld geréckelt.

**Romain Becker (Déi Gréng):**

Hutt der schonn eng Kéier driwwer nogeduecht fir op de Wee vun der Déifferdenger Gemeng ze goen an déi geparkte Camionetten, Camionen a Bussen aus de Stroosse vun eiser Gemeng – déi ganz Gemeng – erauszehalen. An dat virun allem de Weekend, op Feierdeeg oder och definitiv. Et stinn ëmmer méi däer Gefierer laanscht déi schmuel Stroosse vun eiser Gemeng an et kéint een déi jo all zesummen op e grousse Parking leeden.

**Roland Breyer, Schäffen:**

Och do gi mer an déi selwecht Richtung. D'Verkéierskommissioun huet d'Prioritéite matgedeelt kritt wat an deenen nächste Woche soll geschéien. Mer sinn amgaang mat de Servicer dorunner ze schaffen. Ech wäert an deenen nächste 14 Deeg eng ganz Rei Virschléi maache wou mer Reglementer changéieren. Mer maachen dat an enger 5. „modification du règlement général de la circulation“. Ech rechnen awer domat, datt et September gëtt bis mer dat hei um Dësch leien hunn. Wa mer staatlech Stroosse beréieren, da musse mer en „avis préliminaire“ vu Ponts et Chaussées anhuelen. Awer ët ass virgesinn, datt mer dat Reglement applizéieren esou wéi Déifferdang dat och gemaach huet.

**Guy Brecht (LSAP):**

Laut Informatiounen aus der Press schéngen d'Verhandlungen zwecks Fusioun tëscht dem FC 91 Rodange an dem CS Péiteng scho méi oder wéineger wäit fortgeschratt ze sinn. Well jo och schonn eng Entrevue mam Schäfferot war, wollt ech folgend Froe stellen: Ginn d'Aarbechten um Stade Jos. Philippart am Fall vun enger Fusioun nach esou ausgefouert wéi dat virgesinn ass? Enner anerem d'Erneierung vun der Tribun a sämtlech Infrastrukture wat de Fussball betrëfft an der neier Sportshal. Ass dee syntheteschen Terrain nach op däer Plaz virgesi well jo awer gewosst ass, datt sech viru kuerzem op däer Plaz den Terrain gesenkt huet? Wéi steet et ëm d'Erhalung vum Racing-Terrain well dat jo eng gutt Auswäichméiglechkeet wier fir d'Jugendéquipen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Wat är Froen ugeet, esou hutt der Recht, datt eng Entrevue mam Schäfferot war. Do ass et an der Haaptdiskussioun awer dorëms gaang fir ze kucke wéi de Fussball an eiser Gemeng an der Zukunft soll ausgesinn. Wéi sollen d'Infrastrukturen ausgesi fir eise jonke Fussballspiller – et sinn der bal 500 – déi noutwenneg Ariichtungen ze ginn. Donieft ass och iwwer eventuell Fusiounsgespréicher, déi kéinte bestoen, geschwat ginn. Awer Fusioune maache mär als Gemeng net, dat maachen d'Veräiner. Do wäerte mär eis net drëm këmmeren. An dat si Gespréicher, déi op deem Niveau solle gefouert ginn. An et soll och op deem Niveau geklärt ginn.

Wat mer awer beschwat hunn, dat waren d'Infrastrukturen. An déi si kloer. De Stade Jos. Philippart ass wichteg fir eise Sport a fir eis Jugendlech. Der wësst, datt d'Sportshal mat deene ganzen Infrastrukture gebaut soll ginn – an dat war ëmmer d'Ausso vum Schäfferot, dësen an doch dee virreschte Schäfferot – fir eise Jugendlechen zu Rodange déi néideg Ariichtungen ze ginn, déi se zegutt hunn, an datt se eng Sportshal, anstänneg Vestiairen, en Terrain hunn. An do huet och dee syntheteschen Terrain derzou gehéiert, esou datt se och zu Rodange Fussball kéinte spillen.

Wat de Racing-Terrain ugeet, do huet de Gemengerot am Fong d'Richtung geholl vun engem Site ronderëm de Chiers-Terrain well en no bei de Schoule läit. Wat mam Racing-Terrain genee geschitt, dat wësse mer nach net. Der wësst, mer hunn e Projet do leie fir e Parking dohinner ze maachen. Duerno hu mer awer eng Diskussioun gefouert an eng tëschenzäitlech Léisung gesicht fir de Summer. Mer stellen haut fest, datt de Parkproblem am Wanter wann d'Schwämm fonctionnéiert guer kee Problem ass am Doihl. A wa mer et fäerdegbréngen, iwwer de Summer mat der proviso-rescher Léisung, déi mer elo hei hunn,

eng valabel Léisung ze kréien, déi och duergeet, da wäert de Gemengerot sécherlech nach eng Kéier mat dem Dossier Racing-Terrain befaasst ginn. Da wäerte mer eis Gedanke maache wat mer mam Racing-Terrain maachen. Fir dëse Moment sinn d'Pläng jo all gestëmmt an esou wäit mer heibannen net eppes aneschters stëmme ginn déi Projeten och duerchgezu wéi se gestëmmt goufen.

**Guy Brecht (LSAP):**

Der sidd awer am Bild, datt den Terrain sech do gesenkt huet?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Jo, esou laang mer nach do schaffe wäert och nach muenches do geschéien.

**Guy Brecht (LSAP):**

Kéint der mer e puer Informatioune zu der Iwwerschwemmung ginn, déi kierzlech an der Schwämm op der Liegewis war. Kann esou eppes och am Summer virkomme wann déi Liegewis voll besat ass?

**Raymonde Conter-Klein, Schäffen:**

Et war gesi ginn, datt ënner der Liegewis eng zimlech grouss „poche d'eau“ war. Eis Servicer sinn op d'Plaz gaang fir sech dat unzekucken. Se hunn erausfonnt, datt deen Drainage, deen do laanscht déi zweet Buvette geet, ënnen ofgeschnidde ginn an net weidergefouert gi war. Et ass awer elo eng „inspection télévisée“ an dee Rouer era gemaach ginn. Do hunn se festgestallt, datt d'Wuerzele vun deem grousse Bam, deen do nieft der Buvette steet, sech an de Rouer erageschafft a ronn 60% vun deem Rouer verstoppt haten. Wann der se gären hätt, ech hunn d'Photoen hei wéi gekuckt gouf. Eise Service Voirie huet derno gekuckt. Si hunn och e speziellen Apparat, deen ass praktesch wéi en Drechsler, deen d'Wuerzelen zerstéiert. Dann ass de ganze Rouer nees fräi, esou datt déi Saach misst behuewe sinn. Ech mengen, mer bleiwen derhannert an et muss dann e puer Mol am Joer no deem ganzen Drainage gekuckt an et muss propper gehale ginn. Dat war déi ganz Uersaach.

**Guy Brecht (LSAP):**

Ech hu mer d'Méi gemaach fir laut Budget 2006 auszerechnen, wat déi Schwämm eis – dat heescht d'Allgemengheet – pro Dag kascht. Dat sinn d'Ausgabe minus d'Recetten. An do kommen ech op 2.500 Euro pro Dag. Mee dat nëmme bei engem anstännege Summer. Ass déi Zomm richteg? Kënnt der mer déi bestätegen?

**Pierre Mellina, Buergermeeschter:**

Also ech kann eech déi Zomm net bestätegen. Ech géif och proposéieren, zwou Saachen a Betruecht ze huelen. Déi éischt ass, datt mer emol sollen e ganze Summer, dat heescht et ganzt Joer, solle laanscht goe loossen. An da solle mer, opgronn vum definitiven Dekont, deen do an der Schwämm gemaach gëtt, d'Chifferen op den Dësch leeën, se heibannen diskutéiere wann dat noutwenneg ass. Dofir géif ech dat net opgronn vun engem Budget maachen. Ech ginn do net op Spekulatiounen an. Et muss ee wëssen, datt déi Schwämm net nëmme fir de Public do ass, mee datt déi Schwämm eis och d'Méiglechkeet gëtt fir eise Schwammsport fir eis Primärschoulkanner ze organiséiere. A wann dat zu engem Nulltarif geschitt, dann dréckt dat och sécherlech op d'Finanze vun der Gemeng. Mer kënnen awer net einfach déi Zomm, déi do steet, duerch d'Deeg deelen. Do muss ee schonn eng méi déif Analys maachen. An ech garantéieren eech, datt ech dat maachen. Mee eréischt wa mer d'Chiffere fir e ganzt Joer virleien hunn. Ech géif soe vum Joer 2006. An da kann een nach kucken, wéi et mam gudde Wieder a mam net esou gudde Wieder war. De Moment hu mer jo keen esou gutt Wieder an ech si frou, datt déi Schwämm zou ass. Da kënnen eis Jugendlech trotzdeem vun däer Schwämm profitéieren. Wann se op wier, dann hätten se nach keen Dag kënne schwamme goen.